



# DEFUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

3 | 2019

BULLETIN  
COMMUNAL

140 JOER  
SCHÉISSENDËMPEL




**D'GEMENG  
LA COMMUNE**

Rapporte vun de Gemengerotssätzungen	
Les rapports des réunions du Conseil communal	
Zivilstand – État civil	
Mir gratuléieren	
Interview mam Romain Tobe, Gemengeconseiller	
Nationalfeierdag 2019	
Seniorie St Joseph: Porte ouverte	


**SCHOUL & MAISON RELAIS  
ÉCOLE & MAISON RELAIS**

An der Schoul	
Maison relais	
Elterevereenegung	
Service krank Kanner doheem	


**VERÄINER  
ASSOCIATIONS**

D'Aeromodellisten vu Chrëstnech	
Badminton Regioun Mëllerdall	
Amicale vun de Chrëstnecher Eedemen	
Haler Leit	
Jonk an Al	
Club des Jeunes Chrëschtnech	
Chrëschtnecher Revue-Équipe	
Ëmmer Fit	
Jugendpompjeeën	
FC Olympia Christnach/Waldbillig	


**KULTUR & TOURISMUS  
CULTURE & TOURISME**

Liesung iwwert de Mëllerdall	
Uergelfrënn Waldbëlleg.	
Häerzlech Wëllkomm op der Heringer Millen!	
De Foto-Concours	
De Café Dina zu Waldbëlleg	
Waldbëlleger Musek	
Kommounen zu Chrëschtnech	
Interview avec l'abbé Robert Kuzwela	
Auditounen am Hentgesbau	
De Mëllerdaller Männerchouer feiert 25 Joer	
Aquatower zu Bäerdref	


**KLIMAPAKT  
PACTE CLIMA**

4	140 Joer Schéissendëmpel	84
15	Drénkwaasser	90
26	Waasseranalysen	92
26	D'Stroosse sinn erëm op!	100
28	Beweeg dech!	102
30	Hop on, Hop off	103
33	Tour du Duerf 2019	104
	ORT- Informatiounen	105
	Millefest	106
	Vum Bam zum Schaukelpäerd	108
	D'Heinzelmännercher	109
	Journée Pacte Climat 2019	110
34	Klimapakt 2.0!	111
42	Betriben énnerstëtzen de Mëllerdalltrail	114
44	Raupenterror	115
47	Interview Youth For Climate	116
	Littering	118
	Dierfer lieweg halen - e Beispill aus Groussbritannien	119
	Semaine européenne de la mobilité	120
	Mam Superklimafuuss énnerwee	121
	Bauherrenmappe	122
	Recycling	123
50	Gaart ... ouni Pestiziden	124
52	Bicherbus	125
53		
54		
56		
58		
59		
60	Wat ass lass an der Gemeng Waldbëlleg	126
62	Lost and found	126
	Agenda	127
	D'Restauranten an der Gemeng Waldbëlleg:	128


**WAT ASS LASS?  
QUE FAIRE ?**

**VILL FREED BEIM LIESEN!  
BONNE LECTURE !**



# D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

Dës Nummer vum FUUSS kënnt fir d'Rentrée, fir déi meescht vun eis no enger Vakanz, déi eis hoffentlech eng gutt Erhuelung erlaabt huet.


An dësem FUUSS läit de groussen Akzent op den Aktivitéiten ronderëm den Naturpark an deene fir en nohaltege Verbrauch vun de Ressourcen. Dëse Summer huet eis eemol méi gewisen, datt et héich gëtt sécherzestellen, datt de Klimawandel net nach méi grave gëtt, wéi e souwisou schonn ass. Mir kucken och op e puer Feierlechkeeten a Fester, déi waren: déi 140 Joer vum Schéissendëmpel, d'Millefest, asw., an op e schéinen a bemierkenswäerten Owend mat literareschen Texter iwwert de Mëllerdall a Musek.

De Schéissendëmpel ass eemol méi um Cover vun der heiten Nummer, mat enger schéiner Foto, déi de Pierre Haas bei de Feierlechkeete fir déi 140 Joer vun der Bréck iwwert déi Schwaarz lernz gemaach huet. Fäerdeg ass de Chantier nach net; do gëtt nach um Wee geschafft, och wann de Bagger vun der schéiner Coverfoto vun der leschter Nummer, déi vum Damaris war, net méi do steet. Méi doriwwer am Artikel iwwert déi Feierlechkeet an dëser Nummer.

De FUUSS kënnt dräi Mol d'Joer eraus. Déi nächst Ausgab soll den 12. Januar 2020 an Är Boîtë kommen. Mir si frou iwwer all Bäitrag vun Ärer Säit an et wier flott, wann nach méi Leit géife Fotoen eraschécken. Délai fir déi nächst Editioun ass den 1. Dezember 2019. Fotoe musse vu gudder Qualitéit sinn; de Fotoapparat soll op eng grouss Opléisung agestallt sinn. Dat ass och bei muenchen Handye méiglech. Déi digital Foto huet dann eng Gréisst vu méi wéi engem Megabyte, also mindestens 1.000 Kilobyte. Si kënne per Mail geschéckt ginn, oder per [www.wetransfer.com](http://www.wetransfer.com) op [fuuss@waldbillig.lu](mailto:fuuss@waldbillig.lu).

Mir hunn decidéiert, d'Begréffer Bierger, Leit, Awunner, Persounen als neutral Bezeechnunge fir all Mensch ze gebrauchen.

En décke Merci un d'Leit aus der Gemeng an un all déi aner, déi eis gehollef hu bei dëser Editioun vum FUUSS.



Redaktioun: Marc Barthelemy, Maxime Bender, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé, Damaris Pletschette, Karin Enser  
Graphesch Gestaltung: Susanne Hangarter  
Drock: Imprimerie de l'Est, lechternach.  
Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg

# D'GEMENG // LA COMMUNE

## RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vum Buergermeeschter autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatiounen vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren énnerschriwwen ginn. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explicatiounen geschriwwen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net émmer genee identesch. Et zielt dann, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatiounen festgehalen ass.

### GEMENGEROTSSËTZUNG 2019/3

#### Sëtzung vum Mëttwoch, den 13. Mäerz 2019

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter,  
// BOONEN Serge,  
// MOULIN Théo, Scheffen,  
// BARTHELEMY Marc,  
// BENDER Maxime,  
// MEYERS Corinne,  
// MICHELS Mike,  
// THOLL Jean-Joseph,  
// TOBES Romain, Conseilleren,  
// DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllekt: /.

#### Dagesuerdnung

2019-03-01 Froe vun de Conseilleren un de Schäfferot.  
2019-03-02 Avis iwwert d'Ernennung vun engem neie Fierschter fir den Triage vu Konsdref.  
2019-03-03 Entscheidung iwwert d'Ophiewe vun der Aschränkung betreffend d'Optik vun de Garageparten am geschützte Sekteur „environnement construit“.

2019-03-04 Bewöllegung vun engem onbefristeten Aarbechtskontrakt.  
2019-03-05 Bewöllegung vun engem Compromis betreffend d'Uschaafung vun Terrainen fir d'Gemengnëtzegkeet am Intérêt vum Zeréckbaue vum OA908 iwwert der Halerbaach tëschend Haler a Beaufort.  
2019-03-06 Bewöllegung vun engem Compromis betreffend de Verkaf vun enger Plaz déi am „Domaine privé communal“ zu Waldbëlleg läit an énnert der Kadasternummer 836/4768 gefouert gëtt.  
2019-03-07 Bewöllegung vun engem Compromis betreffend d'Uschafung vun Terrainen mat zwee Haiser am Mëllerdall.  
2019-03-08 Entscheidung fir sech der Société Anonyme „Wandpark S.A.“ unzeschléissen a fir d'Creatioun vun engem Wandpark um Territoire vum Naturpark „Mëllerdall“.  
2019-03-09 Prinzipiendecisioun betreffend d'Ausschaffung vun engem Konzept fir d'thermesch Optimisatioun „smart climate village“  
2019-03-10 Bewöllegung vu Konzessiounen op de Kierfechter an der Gemeng Waldbëlleg.  
2019-03-11 Subsidufroen.  
2019-03-12 Verschiddenes.

1. Et ass keng schrifftlech Demande 3 Deeg virum Datum vun der Sëtzung eragereecht ginn, d'Madame Buergermeeschter freet awer, ob ee vun de Conseilleren eng Fro hätt. Wourop hin de Conseiller Michels sech iwwert den Délai vun den Aarbechten un der Bréck, déi Haler mat Beaufort verbënnt, informéiert.

D'Madame Buergermeeschter erkläert, datt d'Gemeng d'Informatioun vun de Ponts & Chaussées kritt huet, datt d'Aarbechte gutt viru kommen an datt se fir Mëtt Juli misste fäerdeggestallt sinn. Esoubal d'Bréck erëm op ass, funktionéiert den öffentlechen Transport ewéi virdrun an de Service vun der Navette gëtt agestallt.

De Conseiller Tobes stellt eng aner Fro iwwert d'Buergbrennen, betreffend d'Buergen zu Haler a Chrëschtnech, déi wéinst dem staarke Wand sonndes net konnten ugestach ginn.

De Schäfferot äntwert, datt den Deputéierte Gilles Baum eng parlamentaresch Fro zu désem Thema gestallt huet an d'Émweltministesch de mëndlechen Accord ginn huet, fir d'Buergen een aneren Dag ze verbrennen. Dái vun Haler ass den Dag nom Buergbrenne verbrannt ginn an déi vu Chrëschtnech den Dag no der Sëtzung.

2. De Gemengerot entscheet e positiven Avis zu der Propose ze ginn, fir de Joé Mensen als neie Fierschter fir den Triage vu Konsdref z'ernennen.
3. De Gemengerot entscheed eestëmmeg d'Klausel vun der Aschränkung betreffend d'Optik vun der Garagepaart am Secteur protégé „environnement construit“, déi am Kapitel C vum PAP QE niddergeschriwwen ass, opzehiewen an eng punktuell Ännierung vum allgemenge Bebauungsplang virze-huelen.
4. De Gemengerot gëtt sain Averständnis fir den Aarbechtskontrakt vun der Madame Vânia Pinto Dos Santos op onbefristen Zäit a fir 20 Stonne pro Woch ze verlängereren.
5. De Gemengerot gëtt sain Averständnis zum Compromis vum 11. Dezember 2018, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg dem Här Cyrille Walch, der Madame Noémie Walch an dem Här Tim Walch e Bësch, deen um Kadaster énnert der Nummer 131/20170 beim Lieu-dit „Laengst die Hallerbach“ mat enger Fläch vun 3,14 Ar fir de Préis vun 1.570,00€ soll ofkafen.
6. De Gemengerot gëtt sain Averständnis zum Compromis vum 3. Januar 2019 laut deem d'Gemeng Waldbëlleg der Firma MZ Bauberatung s.à.r.l. eng Plaz aus dem „Domaine privé communal“, déi an der Sektion B vu Waldbëlleg läit an um Kadaster énnert der Nummer 836/4768 agedroen ass a mat enger Fläch vun 3 Ar a 35 Ca fir de Préis vun 75.000€ verkeeft.
7. De Gemengerot gëtt sain Averständnis zum Compromis vum 6. Februar 2019, laut deem den Här Marco Arthur Kimmes an d'Madame Nathalie Tossing der Gemeng Waldbëlleg Terraine mat 2 Wunnhaiser (2 an 2A, rue des Rochers), déi an der Sektion D vum Mëllerdall leien an um Kadasteramt folgendermoosser agedroe sinn:

- Nummer 1115/3528 mat enger Fläch vun 78 Ar an 80 Centiar (Campingsterrain);

- Nummer 1114/3500 mat enger Fläch vun 11 Ar an 20 Centiar;

zum Préis vu 750.000,00€ verkafen.

#### 8. De Gemengerot entscheet eestëmmeg:

- sech der Société Anonyme „Wandpark Mëllerdall S.A.“ mat engem Prozentsaz vu 5% vum Kapital, dat heescht 1000 Aktien vun der Kategorie B unzeschléissen;
- entscheet 1000 Aktien zum Préis vun 250,00€/ Aktie, also fir e Montant vun 250.000,00€ ze kafen.
- hält fest, datt d'Gemeng Kenntnis vum Projet vun de Statute vun der Sociétéit „Wandpark Mëllerdall S.A.“ geholl huet.

#### 9. De Gemengerot entscheet eestëmmeg:

- e Konzept fir thermesch Optimisatioun ausschaffen ze loassen an
- déi néideg Donnéeën zur Verfügung ze stellen (Bspw.: Wärmeverbrauch an den öffentleche Gebaier, etc.).

#### 10.

- a) De Gemengerot accordéiert dem Här Manuel Mota Dos Santos d'Koncessioun vum Graf n° A-4-2 um Kierfecht vu Chrëschtnech fir eng Dauer vun 30 Joer.
- b) De Gemengerot accordéiert der Madame Lara Gerson d'Koncessioun C3 am Kolumbarium um Kierfecht vu Waldbëlleg fir eng Dauer vun 30 Joer.
- c) De Gemengerot accordéiert der Madame Vincent Dina an der Madame Laachfoubi Fatima-Zahra d'Koncessioun I 6 um Kierfecht vun Haler fir eng Dauer vun 30 Joer.

#### 11. De Gemengerot accordéiert dem Jonglénster – Centre de promesses Télévie 2019 e Subsid an Héicht vun 2.500€,

an e Subsid vu jeweils 75€ u folgend Veräiner:

- Handicap International;
- Frères des Hommes;

- FeBLux a.s.b.l.;
- Care in Luxemburg a.s.b.l.;
- SOS Villages d'enfants Monde
- et à Lux Lagos a.s.b.l.;

a mat 8 Stëmmen an enger Enthalung e Subsid vu 75€ un:

- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung;
- La Canne Blanche a.s.b.l.;
- Les Amis du Tibet Luxembourg a.s.b.l. ;

an entscheet mat 7 Stëmme géint 2 Stëmmen, fir der „École de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe Fondation“ kee Subsid ze ginn.

**12.** De Conseiller Tobes renseignéiert sech iwwert déi méiglech Réouverture vum Réimerwee zu Frecken. De Schäfferot bemierkt dozou, datt e Biotop sech op deem Wee forméiert huet. De Gemengerot diskutéiert driwwer, wat et géing mat sech bréngé wann de Wee nees opgemaach ging ginn. De Wee misst méiglecherweis émgeleet ginn, well e Biotop sech forméiert huet. De Gemengerot schwätzt iwwert en eventuelle Pachtvertrag, en eventuellen Tauschvertrag, d'Käschte vum Réaménagement vum Wee, den Entretien vum Wee an d'Ausmoosse vum Wee.

De Conseiller Barthelemy annoncéiert, datt de 5. Oktober um 20:00 Auer am Mëllerdall, um Kärespäicher vun der Heringer Millen eng Soirée vun der Kultur- an Tourissemkommissiou organiséiert gétt iwwert literaresch Texter iwwert de Mëllerdall. Den Entrée ass fräi.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2019/4

### Sëtzung vum Mëttwoch, den 3. Abrëll 2019

Et waren do:

- // HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter,
- // BOONEN Serge,
- // MOULIN Théo, Scheffen,
- // BARTHELEMY Marc,
- // BENDER Maxime,
- // MEYERS Corinne,
- // MICHELS Mike,
- // THOLL Jean-Joseph,
- // TOBES Romain, Conseilleren,
- // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllelegt: /.

### Dagesuerdnung

- |            |   |
|------------|---|
| 2019-04-01 | Froe vun de Conseilleren un de Schäfferot.  |
| 2019-04-02 | Schafe vun engem Redakteschposte fir d'Gemengeverwaltung.   |
| 2019-04-03 | Projet vun enger Rettungstrap an engem Lift fir d'Pompjeesgebai zu Waldbëlleg.  |
| 2019-04-04 | Entscheidung fir sech um Projet Zenapa (Zero Emission Nature Protection Areas) ze bedeelegen – Bau vun enger Heizungsanlag mat Holzhackschnitzel an Heckeschnëtt fir d'Hëtze vun de Gemengegebaier. |
| 2019-04-05 | Diskussioun iwwert d'Uschléissee vun der Gemeng Waldbëlleg un de bestoende Velospistereseau.  |
| 2019-04-06 | Bewëllelung vu budgetären Ofännerungen.   |
| 2019-04-07 | Matdeele vum méijärege Finanzplang fir 2020-2022.   |
| 2019-04-08 | Verschiddenes.  |

1. Folgend Froe gi vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes gestallt:

*D'Gemeng ass fir eng Persoun mat Rollstull/Rollator schwiereg accessibel. D'Paart an d'Entréesdier erschwéieren den Accès.*

- Kann en hei Upassunge maache fir den Accès ze vereinfachen?

De Schäfferot ass der Meenung, datt den Accès iwwert de Gemengenagang misst méi accessibel

gestalt ginn. Well et regelméisseg virkënnt, datt Awunner d'Trape fir an d'Gemeng zouparken, misst d'Parken hei verbuede ginn. Et misst och eng Parkplaz fir Leit mat enger Behënnerung virun der Gemeng virgesi ginn. Wärend den Ëmbauarbechte vum Gemengenhaus, soll eng Agangsdire agebaut ginn, déi sech automatesch no baussen opmécht. Et ass driwwer geschwat ginn, fir schief Strécher an der Kéier anzeechnen ze loessen, fir datt hei keng Autoe méi parken an esou de Bus an Zukunft besser laanscht kënnt.

- Ass et méiglech een Handlaaf unzebréngé fir eeler Leit déi d'Trape riets nieft dem Raider benotzen?

De Schäfferot huet schon eng Offer fir en Handlaf bei den Trape virun der Entréesdir vun der Gemeng ugefrot.

- Wéi ass d'Accessibilitéit a punkto Diere fir déi aner Gemengegebaier?

Vun deenen 13 Gemengegebaier si just d'Entréeë vum Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech a vun der Kierch zu Haler net behënnertegerecht. D'Kierch zu Haler ass awer fir Leit mat Rollstull iwwert d'Sakristei zougänglech. D'Entrée vum Paschtoueschhaus gëtt wärend den Embauarbechte vum Haus ugepasst.

*An der Gemengerotssëtzung vum 20. September 2018  
ënner dem Punkt 2018-07-10 gouf de Lift vum Musekssall  
ugeschwat:*

- Wou ass den Dossier drun?

Dës Fro ass virun der Verëffentlechung vun der Dagesuerdnung un d'Buergermeeschtesch weidergeleet ginn. De Schäfferot hat souwisou virgesi fir dése Projet an der heiteger Sëtzung ze traitéieren.

2. De Gemengerot entscheet eestëmmeg en zousätzleche Redakteschposten zu 100% fir d'Administratioun ze schafen.
3. De Gemengerot stëmmt de Projet fir eng Rettungstrap an e Lift am Pompjeesbau zu Waldbëlleg, dee vum Ingenieursbüro Daedalus Engineering vun Hieffenech mat engem Devis an Héicht vun 393.900,00€ ausgeschafft gouf.
4. De Gemengerot entscheet eestëmmeg um Projet LIFE-IP Zenapa deelzehuelen. Et ass geplant eng

Heizungsanlag mat Holzhackschnitzel an Hecke-schnëtt fir d'Hëtze vun de Gemengegebaier ze bauen.

5. Dëse Punkt um Ordre du jour ass proposéiert gi vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes ier den Ordre du jour vum Gemengerot erausgaang ass.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg déi zoustänneg Ministèren ze kontaktéieren, fir iwwert d'Ausschaffe vun engem Konzept fir d'Velospist fir d'Gemeng Waldbëlleg, mat Duerchfaart vum Mëllerdall, ze schwätzen.

6. De Gemengerot stëmmt folgend budgetär Ännerungen:

- ënner dem Artikel 3/624/612200/99004 – Botzen an Erneiere vun de Rigolen – vum Budget vum Exercice 2019 e Kredit vu 50.000€;
- ënner dem Artikel 3/839/615241/99003 – Festivitéskäschte fir den 140. Gebuertsdag vum Schéissendëmpel a Kollaboratioun mat der Gemeng Konsdref – vum Budget vum Exercice 2019 e Kredit vu 15.000€;
- ënner dem Artikel 3/192/615100/99001 – Done fir national Wierker a Veräiner – en zousätzleche Kredit vun 2.500€ fir en op 5.700€ ze hiewen.

7. De Schäfferot stellt dem Gemengerot de Plan pluriannuel financier vun der Gemeng fir d'Joren 2020 bis 2022 vir, sou wéi en un den Innenministère weidergeleet gëtt.

8. D'Conseillere Bender, Michels an Tobes renseignéiere sech, wien de Repreneur vum Designbüro ass fir de Bulletin communal De FUUSS. De Schäfferot preciséiert, datt fir déi nächst Editioun vum FUUSS a fir den 140. Anniversaire vum Schéissendëmpel e Büro fonnt ginn ass.

De Schäfferot informéiert, datt d'Soumissioun vun den Aarbechte fir de Regenüberlaufbecken zu Waldbëlleg dënschdes opgemaach ginn, an datt d'Aarbechte viraussiichtlech am September ufänken. Well de Schäfferot net mam Besëtzer vum Golf vu Chrëschtnech eens ginn ass, gëtt d'Drockleitung net an d'Terraine vum Golf, mee ënner d'Strooss geluecht. Dës Aarbechte sollen 2020 ausgefouert ginn.

De Gemengerot schwätzt iwwert d'Kräizung op der Präiteler Bréck. No de Renseignementer vu Ponts & Chaussées ass en Avant-Projet vun engem Rond-Point um Instanzewee. D'Aarbéchten un der Bréck téscht Haler a Befort solle fir de Congé collectif Enn Juli fäerdeggestallt sinn.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2019/5

### Sëtzung vum Donnëschdeg, de 6. Juni 2019

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter,  
 // BOONEN Serge,  
 // MOULIN Théo, Scheffen,  
 // BARTHELEMY Marc,  
 // BENDER Maxime,  
 // MEYERS Corinne,  
 // MICHELS Mike,  
 // TOBES Romain, Conseilleren,  
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschöllegt:

// THOLL Jean-Joseph, Conseiller.

### Dagesuerdnung

2019-05-01 Propositioun fir d'Reaffectatioun vu Kandidaten/Kandidatinnen op déi fräi Posten an der Grondschoul.  
 2019-05-02 Froe vun de Conseilleren un de Schäfferot.  
 2019-05-03 Provisoresch Schoulorganisatioun 2019/2020.  
 2019-05-04 Bewöllegung vun den Einnahme vun 2018.  
 2019-05-05 Ernenne vun engem Stellvertrieder fir de Comité de pilotage Natura 2000 fir d'Regioun Mëllerdall (COPIL).  
 2019-05-06 Gemengereglement iwwert d'Deklaratioun vu miwwléierten a kollektive Logementer.  
 2019-05-07 Zertifizéierung vun de Gemengebéscher nom Label FSC.  
 2019-05-08 Bewöllegung vun engem Compromis fir eng gemengnëtzeg Servitude.  
 2019-05-09 Bewöllegung vun engem Kafvertrag.  
 2019-05-10 Bewöllegung vun zwee Compromisen.  
 2019-05-11 Ufro fir en aussergewénleche Subsid vun de „Frënn vun de Pompjeeë Gemeng Waldbëlleg“

2019-05-12 Subsidufroen.  
 2019-05-13 Verschidenes.

1. De Gemengerot entscheid eestëmmeg d'Madameë Corinne Jaas, Laura Michels, Conny Den Reijer a Laura Walch op déi fräi Schoulmeeschterposten vun de Cyclen 2 bis 4 an der Primärschoul vu Waldbëlleg ze réaffectéieren.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Madame Lina Barbara Geneviève Catherine Silverio op de fräie Schoulmeeschterposten vun de Cyclen 2 bis 4 an der Primärschoul vu Waldbëlleg ze affectéieren.

De Gemengerot entscheet géint d'Affectéiere vun der Madame Anne Mersch op e fräie Schoulmeeschterposten.

2. D'Conseilleren Tobes, Bender a Michels stellen dem Schäfferot folgend Froen:

*Am Gemengerot vum Dezember 2018 ass énnert dem Punkt 2018-10-01 iwwert d'Méiglechkeet vun der Erweiderung vun der Maison relais geschwat ginn.*

- Sinn déi sanitär Ariichtungen an de bestoende Raimlechkeeten ugepasst?
- Wéi geet et an deem Dossier virun?

D'Madame Buergermeeschter erklärt, datt d'Raimlechkeeten nach net émgebaut goufen, fir en Agrément als Crèche ze kréie fir déi Kleng énnert 18 Méint.

D'Firma Luxcontrol huet zougestëmmt, datt dat neit Gebai (fréiert Haus vum Hausmeeschter) ka benutzt ginn.

D'Ëmbauaarbechte vum Sanitär am Agang vun der Maison relais musse souwisou ausgefouert ginn, fir dat bestoend Gebai ze konforméieren.

De Schäfferot informéiert, datt d'Thema vun enger Crèche fir Kanner vu 6 Méint u mat der Asbl Fiissercher beschwat gouf. D'Asbl ass der Meenung, datt dat bestoend Gebai net geeegent ass, fir esou kleng Kanner ze versuergen. D'Asbl ass bereet fir eng Crèche op enger anerer Plaz ze géréieren.

De Conseiller Michels betount, datt d'Gemeng déi néideg Démarchë misst an d'Wheeër leede fir

der Demande vun enger Crèche fir kleng Kanner nozekommen, well hien der Meenung ass, datt aner Gemengen net méi laang Kanner, déi net an hirer Gemeng wunnen, akzeptéiere wäerten.

*Zu Haler setzt sech de Busarrêt „Beim Basseng“ aus engem Ênnerstand an engem Gaardenhäischen zesummem.*

- Wéi ass hei den Entretien geregelt?

D'Madame Buergermeeschter erklärert, datt den Entretien vum Bushaisschen op der Säit vun der Strooss vun de Gemengeservicer assuréiert gëtt.

*Mam Gesetz vum 14. September 2018 ass op den 1. Januar 2019 en neit Gesetz a Kraft getrueden dat fir eng oppen an transparent Administratioun an domadder och fir eng oppen an transparent Gemengepolitik steet. D'Gesetz hält um Prinzip vun der Online Veröffentlichung vun den Dokumenter (z.B. Règlement communaux, Délibératiounen, Rapporte vun de Gemengesyndikater, Etuden a Statistiken) fest.*

- Wéini gëtt den Internetsite vun eiser Gemeng dem Gesetz ugepasst?

D'Madame Buergermeeschter erklärert, datt als éischt misst en neie Grafikbüro ausgewielt ginn, deen sech ëm de Layout vum Internetsite bekëmmert. Dee Moment gëtt och den Internetsite iwwerschafft. De Schäfferot ass der Meenung, datt eng Rubrik kéint bâigesat ginn, énnert där een d'Délibératioun vum Gemengerot verëffentleche kann. Rapporten a Statistike geifen hei awer net verëffentlecht ginn. D'Gemengereglementer si momentan schon um Internetsite ze fannen.

*Den alen Deel vun der Buvette vum Fussball sollt erneiert ginn. Eng Etude sollt gemaach ginn, wéi dee Projet kéint realiséiert ginn.*

- Wou ass deen Dossier drun?

De Schäfferot deelt mat, datt him rezent Pläng vun engem Architektbüro énnertbreit gi sinn. Elo gëtt op e Projet vum FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg gewaart an e Gespräch mat den Nopere gesicht.

3. De Gemengerot hält d'Schoulorganisatioun fir d'Joer 2019-2020 souwéi vum Schäfferot proposéiert fest.
4. De Gemengerot stëmmt d'Einnahme vun 2018.

5. De Gemengerot entscheet eestëmmeg den Här Romain Tobes, Gemengeconseiller, als offizielle Vertriebler vun der Gemeng Waldbëlleg am Comité de pilotage Natura 2000 vun der Région Mëllerdall z'ernen.
6. De Gemengerot bewöllegt d'Gemengereglement betreffend miwwléiert a kollektiv Logementer, déi sech um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg befannen.
7. De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen an enger Enthalung fir d'Zertifizéierung vun de Gemengebëscher laut dem Label FSC z'optéieren.
8. De Gemengerot gëtt sain Averstàndnis zum Compromis fir eng gemengnëtzeg Servitude, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg der Firma Aquinnotec erlaabt, mat engem Glasfaserkabel iwwert eng Längt vun 237 Meter duerch en Terrain zu Freckeisen ze fueren, deen an der Sektion C vu Freckeise läit an um Kadaster énnert der Nummer 855/2819 agedroen ass.
9. De Gemengerot gëtt sain Averstàndnis zum Notairesacte vum 3. Juni 2019, laut deem d'Madame Nathalie Tossing an den Här Marco Arthur Kimmes der Gemeng Waldbëlleg Terraine mat zwee Wunnhaiser (2 an 2A, rue des Rochers) verkafen, déi um Kadaster énnert den Nummeren 115/3528 an 1114/3500 agedroe sinn.
10.
  - a) De Gemengerot gëtt sain Averstàndnis fir de Compromis vum 7. Mee 2019, laut deem den Här John Ferber an d'Madame Catherine Anne Pierrette May der Gemeng Waldbëlleg en Deel vun enger Parzell 454/4512 verkafen, déi mat enger Fläch vu +/- 15 Ca zu Waldbëlleg an der Sektion B läit fir de Préis vu 700€/ Ar.
  - b) De Gemengerot gëtt sain Averstàndnis fir de Compromis, dee vun der Administration des Ponts & Chaussées ausgeschafft gouf, a laut deem d'Gemeng Waldbëlleg Emprisen am Kader vun de Bauarbechte vum CR358 tëschent Haler a Suewelbuer a vum CR 356 an der Iwwerquéierung vu Suewelbuer wëllt ofkafen.
11. De Gemengerot entscheet eestëmmeg dem Verän „Frënn vun de Pompjeeë Gemeng Waldbëlleg“ en

aussergewéinleche Subsid an Héicht vun 3.000€ ze bewöllegen, deen als Kapital soll dénge fir de Veräin, dee sech nei gegrënnt huet.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg folgende Veräiner e Subsid vu 75€ ze bewöllegen:

- Apemh Fondation
- ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt.

D'Entscheidung fir „Mitica Association d'aide à l'enfance“ e Subsid ze bewöllegen ass op déi nächst Gemengerotssëtzung verluecht ginn, well et beim Ofstëmmen eng Gläichheet vun de Stëmme gouf.

**13.** D'Gemengeconseillère Meyers informéiert, datt d'Chrëschtnecher Revue Ekipp, no hirer Opléisung, e Scheck an Héicht vu 5.000€ fir e gudden Zweck spent an zwar de 27. Juni 2019.

De Conseiller Barthelemy freet, datt d'Eechen an der Gemeng op den Eichenprozessionsspinne kontrolléiert ginn. E Flyer mat Informatiounen doriwwer gëtt ausgeluecht fir de Public.

De Gemengerot schwätzt iwwert d'Benotze vu Plastik op öffentleche Veranstaltungen op dem Territoire vun der Gemeng.

De Gemengerot schwätzt sech positiv aus zu engem Courrier vun der Associatioun Luxembourg Alzheimer iwwert d'Vergréisserung vun der Maison de séjour et de soins „Beim Goldknapp“ an der zur Verfügungstellung vun zwielef weidere Virzuchsrechter.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2019/6

### Sëtzung vum Mëttwoch, de 17. Juli 2019

Et waren do:

- // HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter,
- // BOONEN Serge,
- // MOULIN Théo, Scheffen,
- // BARTHELEMY Marc,
- // MEYERS Corinne,
- // MICHELS Mike,
- // THOLL Jean-Joseph,
- // TOBES Romain, Conseilleren,
- // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt:

- // BENDER Maxime, Conseiller.

### Dagesuerdnung

- |            |   |
|------------|---|
| 2019-06-01 | Ernenne vun engem Redakter an der Groupe de traitement B1.  |
| 2019-06-02 | Froe vun de Conseilleren un de Schäfferot.  |
| 2019-06-03 | Schafe vun engem Poste fir eng Botzpersoun  |
| 2019-06-04 | Restantenetat 2018.   |
| 2019-06-05 | Jäerleche Programm iwwert d'Ënnerhale vun de Feldweeër um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg.   |
| 2019-06-06 | Gemengereglement iwwert d'Aféiere vu finanzielle Bäihëllefe fir physesch Persounen am Kader vun der Férderung vum Benotze vu rationellen Energien a vun der Opwäertung vun erneierbaren Energien am Beräich vum Wunnwiesen. |
| 2019-06-07 | Entscheidung fir a regionale Nova Naturstroum ze investéieren.  |
| 2019-06-08 | Entscheidung iwwert d'Opdeelung vun den Onkäschte vum Service „d'Heinzelmännercher“.  |
| 2019-06-09 | Accidenter bei der Präitelerbréck – Präventionsmoosnamen.   |
| 2019-06-10 | Ufroe fir d'Deele vun Terrainen.  |
| 2019-06-11 | Ernenne vun engem Vertrieder fir de Verwaltungsrot vum Office social an der Fiels.  |
| 2019-06-12 | Ufro fir eng Konzessioun am Columbarium um Kierfecht zu Chrëschtnech.   |
| 2019-06-13 | Subsidufroen.   |
| 2019-06-14 | Verschiddenes.  |

- De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen an engem ongültege Stëmmziedel, fir den Här David Sonnetti op den 1. Oktober 2019 als Redakter ze nennen.
- Folgend Froe gi vun de Conseilleren Bender, Michels an Tobes gestallt:

*Den 29. Juni 2019 ass an der Gemeng Waldbëlleg d'„Phase orange“ ausgeruff ginn.*

- Wéivill Waasser bréngen eis Quelle pro Stonn resp. pro Dag?
- Wéi héich ass de Waasserverbrauch an der Gemeng pro Stonn respektiv pro Dag?

D'Madame Buergermeeschter erklärert, datt d'Quell Haerebour, déi d'Haushalter vu Waldbëlleg versuergt 900 m<sup>3</sup> Waasser am Dag bréngt an datt d'Quelle Schéissendëmpel I an II, déi d'Gemenge Beefort a Bäertreff versuergen, 2000 m<sup>3</sup> pro Dag liwweren. Si préziséiert, datt et heibäi keng Schwankunge ginn.

D'Madame Buergermeeschter erklärert weider, datt d'Zähleren all Woch ofgelies ginn a si zielt déi verschidde Waasserverbrauchspunkte vun eiser Gemeng op. Deen heiten Tableau gëtt dës Waasserverbräich pro Woch fir 2019 erëm:

Semaine	21.06.-28.06	28.06.-05.07	05.07.-12.07
Haller	1130 m <sup>3</sup>	1066 m <sup>3</sup>	819 m <sup>3</sup>
Chrëschtnech	1116 m <sup>3</sup>	1141 m <sup>3</sup>	1058 m <sup>3</sup>
Fussball	?	144 m <sup>3</sup>	113 m <sup>3</sup>
Golf	1174 m <sup>3</sup>	1148 m <sup>3</sup>	1322 m <sup>3</sup>
Waldbëlleg	876 m <sup>3</sup>	824 m <sup>3</sup>	781 m <sup>3</sup>
Mëllerdall	117 m <sup>3</sup>	108 m <sup>3</sup>	132 m <sup>3</sup>
Firtchen	416 m <sup>3</sup>	775 m <sup>3</sup>	618 m <sup>3</sup>
<b>Total</b>	<b>5016 m<sup>3</sup></b>	<b>5276 m<sup>3</sup></b>	<b>5301 m<sup>3</sup></b>

D'Madame Buergermeeschter preziséiert, datt wärend den Deeg vum 29. an 30. Juni 2019 d'Waasserversuergung fir d'Nätze vum Golf zu Chrëschtnech huet mussen ännerbrach ginn, fir d'Drénkwaasserversuergung vun den Awunner

vun der Gemeng kennen ze garantéieren. Dozou koum, datt den Niveau vum Waasserbehälter zu Haler an der Woch vum 21. op den 28. Juni 2019 niddreg war wéinst enger Fuite zu Haler, déi den 3. Juli 2019 localiséiert a gefléckt gouf. An et kënnt derbäi, datt d'Äerenzdallgemeng e gréissere Verbrauch iwwert de Waasserbehälter Firtchen hat, well déi Gemeng selwer e Problem mat engem vun hire Waasserbehälter hat.

*Den ale Baseng zu Haler sollt renovéiert ginn.*

- Wou sinn d'Aarbechten drun?

D'Madame Buergermeeschter preziséiert, datt d'Renovatiounsaarbechte vum ale Waasserbehälter zu Haler fäerdeg sinn, an datt d'Commande fir d'Désinfectioun vum Baseng passéiert ass. De Baseng kann deemnächst geféllt ginn.

*Am Gemengerot vum 14. Juni 2018 ass e Bail gestëmmt ginn, fir d'Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech op ee Joer ze verlounen.*

- Wéi gesäit d'Situatioun ee Joer nom Bail aus?

D'Madame Buergermeeschter deelt mat, datt d'Locatairen net kenne fir den 1. Oktober, wann de Bail ophält, aus dem Haus eraussinn. Si kréien d'Schlëssele vun hirem neien Haus eréischt Enn November. Aus dësem Grond schléit de Schäfferot en Avenant zum bestoende Bail vir, fir dëse bis den 30. November 2019 ze verlängeren. De Gemengerot seet sech mat dëser Propose averstanan.

- De Gemengerot entscheet eestëmmeg en onbefristete Poste fir eng Botzpersoun fir 20 Stonnen d'Woch ze schafen.

- De Gemengerot entscheet eestëmmeg

- deen heiten Tableau unzehuelen:

	Gewéinleche Service
provisoresch Reprisen	83.061,09 EUR
Hannerloosse vu Scholden	1.901,14 EUR
Total	84.962,23 EUR

- dem Schäfferot d'Averstndnis ze ginn fir gerichtlech gint d'Schldner virzegoen.

**5.** De Gemengerot hlt fest, fir 2020 d'Feldwee r Sentier du Moulin/ Sentier de Christnach op enger Lngt vu 500 Meter an „Auf Bunterhoecht“ op enger Lngt vu 930 Meter z'erneieren.

Fir de Feldwee „Auf Bunterhoecht“ gtt en neien Devis ugefrot.

**6.** De Gemengerot hlt d'Gemengereglement iwwert d'Af iere vu finanzielle B ih lfe fir physisch Persounen am Kader vun der F rderung vum Benotze vu rationellen Energien a vun der Opw rtung vun erneierbaren Energien am Ber ich vum Wunnwiesen, esou w i se vum regionalen Aarbechtsgrupp „Pacte climat“ an dem Sch fferot propos iert ginn ass, eest mmeg fest.

**7.** De Gemengerot entscheet eest mmeg, fir de regionalen Nova Naturstroum vun Enovos z'opt ieren an d st fir all d'Gebailechkeete vun der Gemeng Waldb lleg.

**8.** De Gemengerot entscheet eest mmeg den H r Marc Barthelemy, Gemengeconseiller, dermat ze beoptragen dem Verwaltungsrot vum CIGR ze propos ieren, datt de Verdeelungsschl ssel n 2 an zwar 70% vun de Stonne vun 2018/30% vun de Bierger iwwer 60 Joer, soll zr ckbehale ginn.

**9.** Op Ufro vum Conseiller Barthelemy ass d se Punkt iwwert d'Accidenter bei der Pr itelerbr ck - Pr ventitiounsmoossnamen op den Ordre du jour gesat ginn. De Gemengerot entscheet, dem H r Minister Fran ois Bausch e Courrier ze sch cken an him ze propos ieren, datt folgend Pr ventiounsmoossname solle bei der Pr itelerbr ck geholl ginn, fir Accidenter op d ser Plaz ze vermeiden, an d st nach iert e Rond-Point 2021 op d s Plaz soll kommen:

- Opstelle vun engem weidere Sch ld fir d'Vitesse-limitatioun 50km/h, m i no zum Ausgang vu Chr schtnech, op H icht vum Lieu-dit „Uelegs-millen“.
- Erofsetze vun der Vitesse an der K ier op 30km/h.
- Erofsetze vun der Vitesse an der Strooss d i vu Konsdref k nnt fir iwwert d'Pr iteler Br ck.

- Opstelle vun engem grousse Panneau mam Text „Danger – Accidents fr quentes“ op deene v ier S ite vun der Kr izung.

**10.**

a) De Gemengerot g tt s in Averst ndnis fir d'Deele vum Terrain 1109/3554 Sektion D vum M ller dall an zwou Kadasterparzellen.

b) De Gemengerot g tt s in Averst ndnis, fir d'Parzellen 245/1390 an 245/1389 Sektion A vun Haler ze deelen.

**11.** De Gemengerot entscheet eest mmeg d'Madame Anne-Rose Simon als Vertrieder vun der Gemeng Waldb lleg am gemeinsamen Office social vun de Gemengen  erenzdall, F schbech, Hieffenech, Fiels, Noumer a Waldb lleg z'ernennen.

**12.** De Gemengerot entscheet der Madame Truus De Dood d'Koncessioun D 3-8 am Columbarium um Kierfecht zu Chr schtnech fir eng Dauer vun 30 Joer ze accord ieren.

**13.** De Gemengerot entscheet eest mmeg der S curit  routi re Luxembourg e Subsid vun 90€ ze ginn, der FLTT kee Subsid ze ginn, mat 3 St mmen g int 5 St mmen, der Mitica asbl kee Subsid ze accord ieren, a mat 1 St mm g int 6 St mmen an enger Enthalung, kee Subsid u Chr schtnech mam Sahel ze ginn.

**14.** De Conseiller Barthelemy prezis iert, datt den  ischte Gemengebuet De FUUSS fir d'Joer 2020 den 12. Januar 2020 erausk nnt. De leschten D lai fir Artikelen eranzegginn ass m ettwochs de 4. Dezember 2019. Den Inhalt g tt de 27. Dezember 2019 un d'Dr ckerei weidergeleed. D i f erdeg Exemplaire ginn de 16. Januar 2020 op d'Gemeng geliwwert.

De Conseiller Barthelemy erkl ert, datt „De Renert“ 2022 seng 150 Joer feiert. De Gemengerot g tt dem H r Barthelemy s i prinzipiellt Averst ndnis, fir verschidden Aktivit te ronder m d se Gebuertsdag mam Titel „150 Joer Renert“ ze organis ieren an  innerst tzt d'Iddi fir en Netzwierk un interess ierte Persounen ze gr nnen. Den H r Barthelemy schl it vir, fir e Courrier un d i verschidde Gemengen ze sch cken an deenen de Poet Michel Rodange gelieft a geschafft huet.

E Samsdeg, de 5. Oktober 2019 fënnt um 20 Auer eng Soirée um Kärespäicher op der Heringer Millen statt, déi vun der Kultur- an Tourissemkommissiou organisiert gëtt a während där literaresch Texter iwwert de Mëllerdall virzelies a musikalesch begleet ginn. Den Entrée ass gratis.

De Gemengerot huet vun e puer Elteren aus der rue des Romains zu Haler e Courier kritt, mat deem gefrot gëtt, e Busarrêt fir de Schoultransport an dëser Strooss virzegesinn. De Buschauffeur huet iwwerpréift ob de Bus an dëser Strooss gedréit kritt. De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmme géint eng Stëmm, fir hei e Busarrêt opzeriichten. De Schäfferot deelt bei dëser Geleenheet mat, datt ee vun de Buschauffeure gekënnegt huet, an datt dës Platz gläich wäert ausgeschriwwen ginn.

De Gemengerot diskutéiert iwwert d'Thema vum Datenschutz am Kontext vun enger transparenter an oppener Verwaltung. D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hate während der Sëtzung vum 6. Juni 2019 gefrot, fir d'Decisiounen vum Gemengerot um Internet ze publizéieren. De „Commissariat du gouvernement à la protection des données“ vum Staat, deen d'Roll vum DPD vun eiser Gemeng iwwerhëllt, réit dervun of d'Délibératiounen vum Gemengerot um Internetsite ze

publizéieren. Déi concernéiert Persoune sinn net ze ernimmen.

De Conseiller Tobes informéiert sech iwwert e Courier, betreffend d'Opgoe fir d'Effentlechkeet vum „Réimerwee“ zu Frecken, deen eng Biergerin un d'Gemeng adresséiert. De Schäfferot erkläert, datt sech e Biotop op dësem Wee forméiert huet. Et goufe scho Verhandlunge mat de Besëtzer, fir den Terrain ze tauschen. Den Ausgang vun dësem Wee endegt an der Strooss an ass net ofgeséchert. Eng Demande gëtt u Sites et monuments an un de Centre national de recherche archéologique geriicht, fir ze préifen ob dëse Wee tatsächlech um Réimerwee läit.

De Schäfferot rapportéiert aus enger Réunioun vum 8. Juli 2019 am Mobilitéitsministère. Déi zoustänneg Mataarbechter vun der Mobilité douce hunn do preziséiert, datt et sech als schwéier géif erausstellen, fir d'Gemeng Waldbëlleg un den nationale Reseau vun de Velospisten unzeschléissen an iwwert d'Vugelsmillen-Grondhaff ze fueren, well den Ausbau vun enger Velospiste eng Stroossebreet vu 6 Meter benéidegt. Ier eng Etude betreffend d'Velospisten an d'Weeër geleet gëtt, proposéieren déi zoustänneg Departementer, fir d'Duerchfaarte vun de Cyclisten ze zielen.





# LES RAPPORTS DES RÉUNIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Les présents rapports sont établis par le secrétariat communal, contrôlés par les conseillers et approuvés par le bourgmestre. Ils se fondent sur les délibérations du conseil communal dont les décisions sont inscrites sous leur forme exacte au dossier des délibérations, signés par tous les conseillers. Tout citoyen peut consulter ce dossier dans les localités de l'administration communale.

Les présents rapports sont rédigés d'une façon plus compréhensible, avec davantage d'explications. C'est pourquoi la version française et la version luxembourgeoise peuvent légèrement diverger. Dans ce cas, les décisions inscrites au dossier des délibérations font foi.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2019/3

### Séance du mercredi, 13 mars 2019

Présents :

- // HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
- // BOONEN Serge,
- // MOULIN Théo, échevins,
- // BARTHELEMY Marc,
- // BENDER Maxime,
- // MEYERS Corinne,
- // MICHELS Mike,
- // THOLL Jean-Joseph,
- // TOBES Romain, conseillers,
- // DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés: /.

### Ordre du jour

- |            |   |
|------------|---|
| 2019-03-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins.             |
| 2019-03-02 | Avis sur la nomination d'un nouveau préposé de la nature et des forêts au triage de Consdorf. |

2019-03-03	Décision portant sur la suspension de l'application de l'exigence des portes charretières dans le secteur protégé « environnement construit ».
2019-03-04	Approbation d'un contrat de louage de service à durée indéterminée.
2019-03-05	Approbation d'un compromis de vente concernant l'acquisition de terrains pour cause d'utilité publique dans l'intérêt de la reconstruction de l'OA908 portant sur le Halerbaach entre Haller et Beaufort.
2019-03-06	Approbation d'un compromis de vente concernant la vente d'une place du domaine privé communal sise à Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 836/4768.
2019-03-07	Approbation d'un compromis de vente concernant l'acquisition de terrains avec deux maisons à Mullerthal, inscrits au cadastre sous les numéros 1115/3528 et 1114/3500.
2019-03-08	Décision de s'associer à la société anonyme « Wandpark Mëllerdall s.a. », constituée pour la création d'un parc éolien sur le territoire du Parc Naturel « Mëllerdall ».
2019-03-09	Décision de principe quant à l'élaboration d'un concept d'optimisation thermique « smart climate village ».
2019-03-10	Accord pour des concessions sur les cimetières de la commune de Waldbillig.
2019-03-11	Demandes de subside.
2019-03-12	Divers.

1. Aucune demande n'a été introduite par écrit trois jours avant la date de la réunion, pourtant Madame la bourgmestre demande si un membre du conseil communal a une question. Le conseiller Michels se renseigne sur le délai d'achèvement des travaux du pont reliant Haller à Beaufort.

Madame la bourgmestre explique que la commune a reçu l'information par l'Administration des Ponts & Chaussées que les travaux avancent bien et qu'ils devraient être achevés pour mi-juillet. Dès réouverture du pont, le transport public fonctionnera comme avant et le service de la navette sera supprimé.

Monsieur Tobes pose une autre question sur la fête des brandons, notamment sur les croix en bois qui n'ont pas pu être brûlées, suite au vent fort qui a soufflé le dimanche des brandons, notamment à Haller et à Christnach.

Le collège échevinal répond que le député Gilles Baum vient de poser une question parlementaire à ce sujet et qu'un accord oral de la Ministre de l'Environnement a été convenu pour brûler les croix en bois un autre jour. En fait, celle de Haller a été brûlée de suite le lundi matin et celle de Christnach a été brûlée le lendemain de la séance du conseil communal.

- 2.** Le conseil communal décide de donner un avis positif à la proposition de nomination de Monsieur Joé Mensen au poste de préposé forestier du triage de Consdorf.
- 3.** Le conseil communal décide à l'unanimité de suspendre l'application de la contrainte que la porte de garage doit être exécutée de façon à ce que l'optique de la porte charretière persiste dans le secteur protégé « environnement construit », comme indiqué dans le chapitre C du PAP QE et de procéder à une modification ponctuelle du plan d'aménagement général.
- 4.** Le conseil communal marque son accord au prolongement du contrat de louage de service de Madame Vânia Pinto Dos Santos à durée indéterminée et à raison de 20 heures par semaine.
- 5.** Le conseil communal marque son accord au compromis de vente du 11 décembre 2018 aux termes duquel l'Administration communale de Waldbillig acquiert de M. Cyrille Walch, Madame Noémie Walch et Monsieur Tim Walch la propriété immobilière de nature bois, inscrite au cadastre sous le numéro 131/20170 au lieu-dit « Laengst die Hallerbach », d'une surface de 3,14 ar pour le prix de 1.570,00€. Cette acquisition a lieu dans un intérêt public dans le cadre de la reconstruction de l'OA908 portant le CR 128 sur la Halerbaach entre Haller et Beaufort.
- 6.** Le conseil communal marque son accord au compromis de vente du 3 janvier 2019 aux termes duquel l'Administration communale de Waldbillig vend à MZ Bauberatung s.à.r.l., ayant son siège à Junglinster, la place du domaine privé communal, sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrite

au cadastre sous le numéro 836/4768 d'une contenance de 3 ares 35 ca pour le prix de 75.000,00€.

- 7.** Le conseil communal marque son accord au compromis de vente du 6 février 2019 aux termes duquel Monsieur Marco Arthur Kimmes et Madame Nathalie Tossing déclarent vendre à l'Administration communale de Waldbillig les terrains avec deux maisons d'habitation (2 et 2A, rue des Rochers) sise section D de Mullerthal inscrits au cadastre comme suit :
  - numéro 1115/3528 avec une contenance de 78 ares 80 centiares (terrain de camping) ;
  - numéro 1114/3500 avec une contenance de 11 ares 20 centiares
 au prix de 750.000,00€.
- 8.** Le conseil communal décide unanimement :
  - de s'associer à la société anonyme « Wandpark Mëllerdall S.A. » avec un pourcentage de 5% du capital social, soit 1000 actions de la catégorie B ;
  - décide de souscrire 1000 actions au prix de 250,00€ par action, soit un montant de 250.000,00€ ;
  - arrête que la commune a pris connaissance du projet des statuts de la société « Wandpark Mëllerdall S.A. ».
- 9.** Le conseil communal décide à l'unanimité des voix :
  - de l'élaboration d'un concept d'optimisation thermique ainsi que
  - de la mise à disposition de données nécessaires (p.ex. consommation de chaleur de bâtiments publics, etc.).
- 10.**
  - a) Le conseil communal décide à l'unanimité des voix d'accorder à Monsieur Manuel Mota Dos Santos la concession de la tombe n°A-4-2 au cimetière de Christnach pour une durée de 30 ans.
  - b) Le conseil communal décide à l'unanimité des voix d'accorder à Madame Lara Gerson la concession

C 3 au columbarium du cimetière de Waldbillig pour une durée de 30 ans.

- c) Le conseil communal décide à l'unanimité des voix d'accorder à Madame Vincent Dina et Madame Laachfoubi Fatima-Zahra la concession I 6 au cimetière de Haller pour une durée de 30 ans.

**11.** Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 2.500€ à Jonglënster-Centre de promesses Télévie 2019,

et un subside de 75€ à chacune des associations suivantes :

- Handicap International ;
- Frères des Hommes ;
- FeBLux a.s.b.l. ;
- Care in Luxemburg a.s.b.l. ;
- SOS Villages d'enfants Monde
- et à Lux Lagos a.s.b.l.

et avec huit voix et une abstention d'accorder un subside de 75€ à :

- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung ;
- La Canne Blanche a.s.b.l. ;
- Les Amis du Tibet Luxemburg a.s.b.l.

et avec 7 voix contre 2 voix de ne pas accorder de subside à l'École de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe Fondation.

**12.** Le conseiller Tobes se renseigne sur une éventuelle réouverture à l'usage public du Réimerwee à Freckeisen. Le collège échevinal mentionne qu'un biotope s'est formé sur le chemin en question. Le conseil communal discute sur les mesures à prendre en vue de la réaffectation du chemin en question, notamment sur la déviation nécessaire du chemin suite à la formation d'un biotope, un contrat de location de terrains éventuel, un contrat d'échange de terrains éventuel, le coût du réaménagement du chemin, l'entretien du chemin, le mesurage du terrain.

Le conseiller Barthelemy annonce qu'en date du 5 octobre 2019, la commission culturelle et du tourisme organise une soirée de lecture de textes portant sur le Mullerthal au Kärespäicher de la Heringer Millen. L'entrée sera gratuite.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2019/4

### Séance du mercredi, 3 avril 2019

Présents :

- // HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
- // BOONEN Serge,
- // MOULIN Théo, échevins,
- // BARTHELEMY Marc,
- // BENDER Maxime,
- // MEYERS Corinne,
- // MICHELS Mike,
- // THOLL Jean-Joseph,
- // TOBES Romain, conseillers,
- // DIMMER Martine, secrétaire.

Excusés: /.

### Ordre du jour

- |            |  |
|------------|--|
| 2019-04-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins.  |
| 2019-04-02 | Création d'un poste de rédacteur pour les besoins de l'administration communale.   |
| 2019-04-03 | Projet d'aménagement d'une sortie de secours et d'un ascenseur pour le bâtiment du service d'incendie à Waldbillig.  |
| 2019-04-04 | Décision de participation au projet Zenapa (Zero Emission Nature Protection Areas) – aménagement d'une centrale de chauffage à copeaux de bois et à bois provenant de l'entretien paysager en vue de l'approvisionnement en chaleur des bâtiments communaux. |
| 2019-04-05 | Discussion concernant une connexion de la commune de Waldbillig au réseau de piste cyclable existant.  |
| 2019-04-06 | Approbation de modifications budgétaires.  |
| 2019-04-07 | Communication du plan pluriannuel financier 2020-2022.   |
| 2019-04-08 | Divers,  |

1. Les questions suivantes sont posées par les conseillers Bender, Michels et Tobes :

*Les bureaux de l'administration communale ne sont accessibles que difficilement pour les personnes à mobilité réduite.*

- Pourrait-on modifier l'accès de façon à le rendre mieux accessible pour les personnes à mobilité réduite ?

Le collège échevinal est d'avis que l'accès de la commune par le portail devrait être facilité. Étant donné que des résidents bloquent régulièrement l'accès en stationnant devant le portail, le stationnement devrait y être interdit. Une place de stationnement réservée aux personnes à mobilité réduite devrait également être prévue devant la commune. Lors des travaux de transformation de la maison communale, il y a lieu d'aménager la porte d'entrée de façon à ce qu'elle s'ouvre automatiquement vers l'extérieur.

Il est indiqué de marquer le virage en lignes inclinées afin que le stationnement de voitures y soit impossible et que le chauffeur de bus pourra mieux passer dans le futur.

- Est-ce qu'il est possible de mettre en place une main courante le long des escaliers d'entrée vers la commune pour ainsi faciliter l'accès pour les personnes âgées ?

Le collège échevinal vient de demander une offre de prix pour une main courante à installer le long des escaliers d'entrée vers la commune.

- Qu'en est-il de l'accessibilité des autres bâtiments communaux ?

Des 13 bâtiments communaux, seules les entrées du presbytère de Christnach et de l'église à Haller ne sont pas adaptées aux personnes à mobilité réduite. L'église de Haller est d'ailleurs accessible par la sacristie avec chaise roulante. L'entrée du presbytère sera réaménagée lors des travaux de transformation.

*Lors de la réunion du 20 septembre 2018 l'ascenseur qui est prévu pour la salle de musique a été abordé sous le point 2018-07-10.*

Die 6. Klasse in Waldbillig machte einen Schwimmpass in Colmar-Berg. Am 11. Juli 2018 machte sie den Bronze-Schwimmpass, dieses Mal machte sie am 3. Juli 2019 den Silber-Schwimmpass. Die Leute, die nicht wissen was ein Schwimmpass ist, es ist ein kleines Kärtchen, wo Aufgaben draufstehen. Die muss man machen, der Lehrer oder die Lehrerin kontrolliert alles und der Bademeister wird es unterschreiben, wenn man es gelöst hat. Dann hat man den Schwimmpass. Im Lycée kann man es den Professoren zeigen, dann sehen sie was man alles kann, zum Beispiel können wir 10m Streckentauchen. Manchmal haben Menschen Misserfolg, dann müssen sie die Prüfung wiederholen. Das ist aber nicht schlimm, denn man kann die Prüfung so oft wie man will wiederholen. Die Prüfung ist eigentlich nicht so schwer wie es sich anhört und wenn man das alles bisher gelernt hat, zum Beispiel wie man fürs Streckentauchen genügend Luft hat, dann wirkt es viel leichter.

Lukas Zinnen und James Huynh

## Turne mat de Fiissercher

De 27. Mäerz hu mir, de Cycle 4.2, mat de Fiissercher geturnt. Mir hunn eis als d'éischt opgewiermt, andeems mir d'Lidd „Kuck wat ech kann“ gesongen hunn an d'Beweegungen dozou gemaach hunn. Dat huet de Kanner gutt gefall an et huet hinne vill Freed gemaach. Nodeems mir eis e bëssen opgewiermt haten, hu mir mat de Klengen e Parcours gemaach. Si hu missen sou héich kloteren, wéi si wollten, duerno hu si eng kleng Course matenee musse maachen, op Balance-Plättercher tréppelen, dann duerch en Tunnel krauchen an zum Schluss hu si missen nach mat eis eng Ronn Ball spiller. Hinnen huet de Parcours vill Freed gemaach an eis Groussen och!

Nadja Suljkanovic an Débora Machado

## Jugendherberge Idar-Oberstein

Am 8. Juli war ein großer Tag für die 6. Klasse, denn wir machten endlich unseren Schulausflug. Für eine Nacht ging es in die Jugendherberge von Idar-Oberstein und dann am nächsten Morgen in den Holiday Park Haßloch.

Wir trafen uns um 8:00 morgens vor der Schule. Als jeder da war, fuhren wir los. Wir durften unsere Handys mitnehmen und während der Fahrt Musik hören. Nach zwei Stunden Fahrt kamen wir endlich in Idar-Oberstein an. Das erste was wir machten war uns auf dem Spielplatz austoben. Nach ungefähr 15

Minuten Spielzeit kam ein Mann aus dem Klein-Team und erklärte uns unsere erste Aktivität.

Für die erste Aktivität mussten wir nach drinnen gehen. Wir mussten eine Stadt aus Kapla-Steinen bauen, die drei Bedingungen erfüllte. Die 1: Jeder musste ein eigenes Gebäude bauen Die 2: Jedes Gebäude musste mit einer Straße verbunden sein. Und die 3: Einen Turm bauen, der höher als der größte Junge in unserer Klasse war.

Nach dieser Aktivität gab es Mittagessen, es waren Würstchen mit Salat und Linsensuppe. Nach dem Essen sind wir in unsere Zimmer gegangen und haben unsere Koffer ausgepackt. Dann sind wir wieder zum Spielplatz gegangen, sind gerutscht oder haben Fußball gespielt. Um 14:00 kam der Mann wieder und erklärte uns das nächste Spiel. Es hieß „Stilles Schach“, dabei ging es darum ohne zu reden zu hüpfen und die anderen zu eliminieren. Nach diesem Spiel sind wir in den Wald gegangen und wir sind geklettert. Man konnte immer nur alleine klettern, deshalb brachte der Mann noch zwei andere Spiele mit, damit wir nicht so lange warten mussten. Es gab Säcke werfen und Golfbälle werfen.

Später haben wir noch ein Spiel gespielt, das hieß „Fang die Berta“! Im Spiel ging es darum das Huhn (Berta) zu fangen, ohne dass der Mann es bemerkte.

Nach allen Aktivitäten gingen wir zum Abendessen. Es gab Fleisch mit Reis und Salat und zum Nachtisch Schokoladenpudding. Mhhhh! Um 20:00 trafen wir uns wieder für eine neue Aktivität. Zuerst machten wir Stockbrot, danach gingen wir auf Kristall- und Juwelsuche. Dann war es 22:00 Uhr und wir tranken einen Tee. Nach dem Tee durften wir noch bis 23:00 spielen und dann wurde das Licht ausgemacht. Wir durften auf den Zimmern noch flüstern. Wir schliefen alle sehr spät, denn wir waren aufgeregt wegen dem Besuch im Holiday-Park am nächsten Morgen.

Raphael Veiga



### Cajatón Atelier

Letztes Jahr waren zwei Männer bei uns und haben einen Cajatón mit uns gebaut. Dazu braucht man ein Holzstück, das so groß wie ein Din A4-Blatt ist und noch fünf Stücke Karton. Und dann muss man alles als Kiste zusammenkleben. Bei einer Seite werden innen 8-10 lange Stäbchen aufgeklebt.

Dieses Jahr kamen die Männer wieder zu uns in die Klasse und haben Lieder mit uns eingeübt. Die haben wir der Schule und den Eltern vorgespielt.

*Cynthia Schmitz*

### Anti-Drogerallye

Den Anti-Drogerallye war de 14.06.19 vun 8:30 bis 15:30 Auer. Mir sinn um 8:00 Auer fortgefuer an hunn ongeféier 30 Minutte gebraucht, fir op Beefort ze kommen.

Wéi mir ukomm sinn, si mir an e Sall gaangen, wou mir mat der Police iwwert Droge geschwatt hunn. De Polizist huet eis erkläert wat illegal a wat legal Droge sinn. Mir krute vill Geschichten erzielt, wat de Polizisten an hiren Asätz scho geschitt ass. Mëttes goufe mir mat dem 6. Schouljoer vu Beefort vermescht an a Gruppen agedeelt. Et goufen insgesamt 8 Statiounen op deene mir missten eng Fro beäntworten an dann e Spill maachen. Et gouf e Punktesystem fir ze kucke wéi eng Grupp déi bescht ass. D'Gewënner vum Anti-Drogerallye kruten zwee Ticketen fir gratis an de Kino ze goen. Scho virum Rallye hu mir missen an der Schoul e Bild géint Droge molen an zu Beefort gouf dem Gewënner vum Molconcours säi Bild ob en T-Shirt gedréckt. Jiddereen krut esou en T-Shirt mat heem.

*Luca Hermes & Luciano Vieira*



### D'Schülerparlament op Besuch an der Gemeng

Den 18. Juli war d'Schülerparlament an der Gemeng an ass vun der Madame Buergermeeschter empfaange ginn.

*Fotoen: Léierpersonal aus der Waldbëllegger Schoul*

## MAISON RELAIS

An der Maison relais goufen eng Partie Aktivitéite fir d'Kanner organiséiert:

um Bauerenhaff,



op engem Fuusse-Stage à la Walt Disney,



de Renert-Cup.



D'Personal huet en Éischt-Hëllef-Cours gemaach,  
an et war en lessen zesumme mam Comité vun der  
Fiissercher a.s.b.l.



An dann ass nach den traditionelle Vëlkerball-Tournéier  
fir méi a manner Erwuessener organiséiert ginn.

*Fotoen: Maison relais*

## ELTEREVEREENEGUNG



Elterevertriéder Waldbëlleg



## Schoulfest 2019

En Samschdeg, de 15. Juni huet d'Léierpersonal e Schoulfest mat ganz ville Spiller an Animationen fir d'Kanner organiséiert. Dobäi huet d'Elterevereeneung mat grousser Ënnerstëtzung vun den Eltere matgeholfet, a fir lessen an Drénke gesuergt.

Et ass gegrillt ginn, Kaffi a Kuch verkauft ginn, wéi och eppes géint den Duuscht zerwéiert ginn. Dëst Joer hate mir eis eppes Extraes afale gelooss: Eisekuchen. E grousse Merci geet dofir un de Fränk Krier, deen eis all mat sengen Eiseküche begeeschert huet.

Mir haten och e Stand fir d'Kanner ze schminken an hinnen e Glitzer-Tattoo ze maachen, dee ganz vill Succès hat.

Dëst Joer huet den Zauberer Christian Lavey de Kanner eng Show presentéiert, déi besonnesch déi kleng Kanner begeeschert huet.

D'Kanner aus dem Cycle 4.2 hate mat hire selveragebastelte Cajóns e musikaleschen Optrött, ier d'Fest mat engem Fussballmatch (Schüler Cycle 4 géint d'Léierpersonal) den Ofschloss fonnt huet.



D'Schoulfest war och eng vun den éischte Geleeënheeten, wou mir konnten eis nei T-Shirten undoen a weisen, sou dass een d'Membere vun der Elterevereeneung gutt um Fest konnt erëmerkennen.



Mir soen all den Eltere Merci, déi dozou bæigedroen hunn, dass d'Schoulfest konnt sou gutt oflafen. Ouni si, sou wéi och ouni d'Hellef vun der Gemeng, hätt d'Schoulfest net kéinten sou gutt oflafen.

Mir si frou, dass d'Kanner konnten e flotten Dag mat hirer Famill verbréngen, a freeën eis schonn op dat nächst Fest.



## Anti-Drogen-Dag 2019 zu Beefort

Den Anti-Drogen-Dag 2019 ass an Zesummenaarbecht mat dem „Service de prévention et de l'instruction routière“ vun der Police, der Gemeng Beefort, der Gemeng Waldbëlleg an den Elterevereenegunge vu Waldbëlleg a Beefort organiséiert ginn.



D'Schüler aus dem Cycle 4.2 vu Waldbëlleg a Beefort waren de 14. Juni um Anti-Drogen-Dag zu Beefort. Den Här Claude Kirsch an den Här Paul Christian vun der Police, hunn hinne moies d'Geforen vun illegalen a legalen Droge méi nobruecht.

Fir d'Mëtteejissen huet d'Jugendherberg Beefort hinnen all eng gutt Spaghetti gekacht. Am Nomëtten ass nach ee Rallye organiséiert ginn, wou d'Schüler a gemëschte Gruppe Kooperatiounsspiller gemaach hunn a Froen iwwert d'Thema Drogé beäntwert hunn.

Gutt midd an duuschtereg sinn si all op eng Ofschlossréception géint dräi Auer ukomm. D'Gewënner vum Molconcours a vum Rallye sinn ugekënnegt ginn. Am Viraus haten d'Schüler vum Cycle 4.2. vu Beefort a Waldbëlleg ee Bild gemoolt géint Drogen. Eng Jury huet déi dräi schéinste Biller erausgesicht. D'Gewënnerbild ass op en T-Shirt geprint ginn. Als Ofschloss huet all Schüler en T-Shirt mam Gewënnerbild drop iwwerreecht kritt als Erënnerung un désen Dag.

### Mir soe MERCI

- dem Léierpersonal vum Cycle 4.2 vu Beefort a Waldbëlleg
- den Häre Claude Kirsch a Paul Christian vun der Police
- der Elterevereenegung vu Beefort
- der Gemeng Beefort an der Gemeng Waldbëlleg.

Zum Schluss soe mir de Schüler Merci fir hir gutt Aarbecht um Anti-Drogen-Dag a mir wënschen hinnen alles Gudden am Lycée d'nächst Joer!!



### De Comité:

*Chantal Albert, Zara de Montigny, Tania Geiger, Martine Hahn, Nadine Humbert, Christine Husting, Mireille Majeres, Carole Marbes-Reuter, Mireille Mathes, Simone Mehlen-Wohl, Annick Menster, Nathalie Meyer-Chevalier, Jessica Schmitz, Jessica Schumacher a Carmen Seyler.*

*Fotoen: Chantal Albert, Joëlle Niederweis*



## SERVICE KRANK KANNER DOHEEM

Der „Service krank Kanner doheem“ bietet eine individuelle Betreuung von kranken Kindern zu Hause an. Diese Dienstleistung ermöglicht es den Eltern ihre berufliche Aktivität weiterzuführen, während die Kinder in ihrer gewohnten Umgebung genesen können.

Anfragen von Alleinerziehenden werden vorrangig behandelt.

Das monatliche besteuerbare Einkommen des Haushaltes gilt als Berechnungsgrundlage für die Unkostenbeteiligung der Betreuung.

Bei Alleinerziehenden wird ein von der Gemeinde ausstellendes Zertifikat der Haushaltssammensetzung benötigt.

Die Tarife sind auf der Internetseite von „Femmes en détresse a.s.b.l.“ veröffentlicht. Die Unkosten für Parking und Fahrzeit der Betreuerin werden zusätzlich in Rechnung gestellt.

Die Betreuungen finden zwischen 7:00 und 19:00 Uhr statt. Die Betreuungszeit pro Tag darf 9 Stunden nicht überschreiten. Ab dem zweiten Betreuungstag ist ein ärztliches Attest erforderlich.

Alle Mitarbeiterinnen vom „Service krank Kanner doheem“ haben eine Ausbildung im sozio-familiären Bereich und nehmen regelmäßig an internen Weiterbildungskursen teil.

Informationen: 48 07 79

Anmeldung: [fed.lu/wp/services/skdd/](http://fed.lu/wp/services/skdd/)

Le « Service krank Kanner doheem » offre une garde individuelle à domicile pour enfants malades. Ceci permet aux parents de poursuivre leur activité professionnelle et aux enfants de se rétablir dans les meilleures conditions et dans leur milieu familial.

Les demandes de familles monoparentales sont considérées en priorité.

Le revenu imposable du ménage est pris comme base de calcul pour la participation aux frais de garde.

Pour les familles monoparentales le certificat de résidence élargi établi par la commune est indispensable.

Les tarifs sont publiés sur le site internet de « Femmes en détresse a.s.b.l. ». Les frais de parking et de trajet sont à charge des parents.

Les gardes ont lieu entre 7:00 et 19:00 heures. La durée d'une garde ne peut pas dépasser 9 heures de suite.

Un certificat médical est nécessaire à partir du second jour de la garde.

Toutes les collaboratrices du « Service krank Kanner doheem » ont une formation dans le domaine socio-familial et participent régulièrement aux formations internes.

Renseignements : 48 07 79

Inscription en ligne : [fed.lu/wp/services/skdd/](http://fed.lu/wp/services/skdd/)



# VERÄINER // ASSOCIATIONS



## D'AEROMODELLISTEN VU CHRËSTNECH

Fréijoer a Summer um Fons-Mehlen-Airfield an der Uecht.

Nom Wanter, wann de Buedem nach mëll ass, gëtt d'Pist gewalzt a geméit ... an den Dag drop sinn d'Pissblummen nees do.



Räichlech Fudder fënnt eis Spatzekolonie am Gespär vum AMC Chalet. An de Panewippchen jauft och iwwert de geméiten Terrain op der Sich vun enger Schneekegkeet.



Nei Konstruktiouenen, awer och restauréiert a verbessert Modeller aus der leschter Saison fëllen den Terrain.



Den Ali Federmeyer, e sportlechen AMC-Member, kënnt CO<sub>2</sub>-fräi mat senge Fligeren op den Terrain.



D'Schoulkanner vum Cycle 2 aus dem Fondamental vu Waldbëlleg mat de Léierinne Laura Michels a Conny Den Reijer an dem Schoulmeeschter Mike Wewer koumen op den AMC-Terrain, wou si vum Jos Gaspard gewise kruten, wat esou e Modellfliger alles kann.



Mir géifen eis freeën op Äre Besuch um AMC Terrain am Vugelsboesch. Wann d'Wieder matspillt, si mer do, wann net, och alt e Mol!

Op den Telefonsnummern 87 90 17 oder 621 21 91 29 kritt Dir gäre vum Pol Mehlen méi Detailer iwwert den **Aeromodelliste Club Chrëstnech!**

*Redactioun: Push Steffen  
Biller: AMC Piloten déi grad net fléien*

## BADMINTON REGIOUN MËLLERDALL

### de Badmintonveräin gëtt méi grouss

Fir d'Schoulrentrée 2019/20 hëlt de Badmintonveräin, deen en neien Numm krut, seng Aktivitéiten nees op. Kanner, Jugendlecher an Erwuessener hunn da vill méi Méiglechkeete wéi virdrun, fir Badminton ze spiller. Si können an den Hale vun 9 Gemengen trainéieren, an deenen de Badminton Regioun Mëllerdall aktiv gëtt. Dat sinn d'Gemengen Ärenzdall, Bäerdref, Beefort, Fëschbech, Fiels, Hiefenech, Konsdref, Noumer a Waldbëlleg.



#### Grënnung vum Veräin

De 6. Juli 2019 gouf de Badminton Regioun Mëllerdall an der Sportshal zu Waldbëlleg gegrënnt. Eng Rei Kanner aus der Regioun hunn de flotte Sport ausprobéiert. Déis Grouss konnte bei engem Turnéier matspillen. Uschléissend gouf an der Cafeteria op den Nofolgerveräin vum Badminton Waldbëlleg ugestouss.

#### Badminton op professioneller Basis

Säit Barcelona 1992 ass Badminton olympesch a boomt virun allem a ganz Asien, mee awer och an Europa an op den anere Kontinenter. D'Spill ass extrem athletesch, sou dass d'Spiller op héijem Niveau net némmen iwver grouss technesch Fäegkeete verfüge mussen, mee si mussen och rasant séier op de Been sinn, émmerhin kritt de Plumier beim Smash Vitessë vu wäit iwver 300 Stonnekilometer. De Weltrekord vum Tan Boon Heong aus Malaysia läit bei 493 Kilometer beim Verloosse vun der Rackett. En plus ass eng gutt Grondausdauer verlaangt, déi séier an heiansdo laang Bällwiessel ginn un d'Substanz an ee Spill ka bis zu enger Stonn dauerent.

*Den Tan Boon Heong (Malaysia) an d'Kim Schmidt (Waldbëlleg).*



## Badminton als Kompetitiounssport

Souwuel bei de Kanner wéi och bei de Senioren gëtt Championnat mat der Équipe gespillt. Individuell ginn zousätzlech vill Turnéier organiséiert, an zwar am Eenzel, Doubel a Mixt. Eisen neie Badmintonveräin ass weiderhin affiliéiert a wäert déi nächst Saison iwverall deelhueLEN.

D'Kanner hunn zesumme mat hirem Trainer de Maskottchen Mëlli begréisst.



## Badminton als Hobbysport

Bekanntlech gëtt „Fiederball“ vill op Plagen oder an de Gært gespillt. Dat kann een awer och an de Badmintonveräiner maachen. D'Hobbyspiller können am Laf vun der Woch während enger Rei Plagen an eise Veräin spille kommen. Si maache keen dirigéierten Training mat, können awer gär deen een oder aneren Tipp kréien.

## Trainingsméiglechkeeten am Iwwerbléck

Den detailliéierten Trainingsplang 2019/20 ass nach net ausgeschafft. Folgend Plage sinn zimlech sécher, wéi eng Trainingen a wéi enger Sportshal ugebueude ginn, kënnt op eisen Internetsite stoen. Gitt op deen Training an an déi Sportshal, wou et lech am beschte geet, sou oft wéi Der wéllt, de Choix ass grouss. Och fir Hobbyspiller!

Ärenzdall	ab September 2020 an der neier Sportshal (Miedernach)
Bäerdref	Kannertraining donneSchdes, fräit Spill Sonndes moies
Beefort	Kannertraining méttwochs
Bierkelt	d'Verdeelung vun der Sportshal ass nach net ofgeschloss
Hiefenech	eventuell Kannertraining
Konsdref	Training wahrscheinlech DonneSchdes owes
Waldbëlleg	Training Dënschdes a Freides owes a Samschdes nomëttes

De Mëlli huet well  
di 7 Sportshalen fonnt.



Bäerdref



Hiefenech



Bierkelt



Waldbëlleg



Beefort



Konsdref



Miedernach

## Weider Informatiounen:

[www.badmintonregiounmellerdall.lu](http://www.badmintonregiounmellerdall.lu)  
E-Mail-Adress:  
[badmellerdall@gmail.com](mailto:badmellerdall@gmail.com)

Kommt a spillt Badminton!  
Luc Schmidt  
Telefon: 691 82 15 92

## AMICALE VUN DE CHRËSTNECHER EEDEMEN TRAF SICH



### Christnach - Konveniat.

Vor 16 Jahren wurde die „Amicale vun de Chrëstnecher Eedem“ auf Initiative von Pierre Majerus und Aloyse Jacob ins Leben gerufen. Mitglied dieses Freundeskreises können all die Männer werden, die mit einem „Chrëstnecher Meedchen“ verheiratet sind. Kürzlich trafen sich die Eedemen wieder zu einem Konveniat, und die Organisatoren Aloyse Jacob, Charel Schmit, Patrick Schaack und Paul Mathes hatten für diesen Tag ein anspruchsvolles Programm zusammengestellt. Das Treffen begann mit einer Messe in der Kirche von Christnach, die von Pfarrer Robert Kuzwela zelebriert wurde. Der Gottesdienst wurde gesanglich verschönert durch Martine de Nutte, die an der Orgel von Daniel Mantrisi begleitet wurde. Im Hentgesbau in Waldbillig wurden die Teilnehmer von Bürgermeisterin Andrée Henx-Greischer und dem Schöffen Théo Moulin empfangen, und Willy Fuchs sprach im Namen aller Teilnehmer den Gemeindeverantwortlichen den Dank der Amicale aus. Das Treffen wurde abgeschlossen mit einem ausgezeichneten Mittagessen im Restaurant Gudde Kascht in Haller, wo zahlreiche Anekdoten aus der gemeinsamen Schulzeit aufgefrischt wurden.

*Text a Fotoen: Denis Dimmer*

## HALER LEIT



Et war e stiermescht Buergbrennen dëst Joer, sou stiermesch, dass et net op der Halerhicht konnt ofgehale ginn. Kuerzfristeg hu mir dem Pierre Tholl seng Scheier a säin Haff émfunktionnéiert an trotz deem ongemittleche Wieder hu mir mat all eisen treie Visiteuren e puer flott Stonne verbruecht. Mir hunn de Wanter mat eiser gudder Laun verdriwwen.

D'Sue si gespent ginn. D'Scheckiwwerreechung war den 29. Mee am Restaurant „Gudde Kascht“ zu Haler:



### **1000 Euro un de Fonds de secours Police grande-ducale**

Dat ass eng Associatioun, déi Kanner finanziell énnerstëtzt, deenen hir Eltere bei der Police geschafft hunn an am Déngscht verstuerwe sinn.

Bei där Geleeënheet ass och de Scheck vum Erléis vum Duerffest 2018 iwwerreecht ginn,

### **203,91 Euro un De Wonschstär**

Dës Associatioun énnerstëtzt Leit, déi duerch Krankheet, Accidenter oder soss Schicksalsschléi getraff sinn, fir hinnen e Wunsch ze erfëllen.

*Text a Fotoen: Haler Leit.*

## JONK AN AL

### Journée du grand âge 2019



Et war nees ee groussen Dag op der *Journée du grande âge* vu Jonk an Al an eiser Gemeng. Den Dag ass agelaut gi mat enger Mass zu Waldbëlleg an uschléissenden Usprooche vum Président Willy Smit an der Madame Buergermeeschter Andrée Greischer. No der Éierung vun de Jubilaren duerch de Comité vu Jonk an Al an der Gemeng Waldbëlleg huet d'Gemeng den Éierewäin zum Beschte ginn. Dono hunn d'Jubilaren, de Comité a Membere vu Jonk an Al den Dag bei engem ganz gudde Menu an engem Patt Wäin am Hotel Bon Repos um Scheedgen auskléngé gelooss.

#### D'Jubilaren 2019 sinn:

- Madame Truus Bos-De Dood, Madame Marianne Diederich-Meyers, Här Pierre Diederich, Madame Marguerite Fantin-Goergen, Madame Marianne Karpen a Madame Ange Mehlen fir hire 75. Gebuertsdag;
- Madame Lucie Meyers-Feltgen, Här Pierre Mehlen, Här Raymond Schaaf esou wéi den Här Raymond Steinmetz fir hiren 80. Gebuertsdag;
- Madame Barbe Franck-Tossing, Madame Juliette Wilhelm-Hary, Madame Iréne Rippinger-Muller, Här Charel Seiwert a Madame Barbe Scholtes-Greischer fir hire 85. Gebuertsdag;
- Här Raymond Alf, Madame Mimi Kunnert, Här Edouard Lies an Madame Virginie Glosesener-Richard fir hiren 90. Gebuertsdag;
- a fir hire 95. Gebuertsdag ass d'Madame Marie Justine Ries-Weydert geéiert ginn.

## Jonk an Al on Tour

Mat engem schéi restauréierte Mercedes Bus O-321 H, Baujoer 1961 hu mir eis Dagesrees an d'Stad Lëtzebuerg ugetrueden. Op deem waarmsten Dag vum Mount Juni konnte mir vum oppenen Daach am Bus profitéieren, fir eis e wéineg ofzekillen. Firwat émmer an d'Ausland fueren, wou eis Stad a Land genau esou vill ze bidden hunn. Fir deen een oder aneren war et och déi éischte Kéier, datt heen d'Stad vun där Säit gesinn huet. Een Dag mat ville neiën Impressioune vun eiser Haaptstad. Wou mir mam Panorama-Lift an de Pafendall gefuer sinn, fir dem Vauban seng Festungsmauer an Tiern ze bewonneren. Dono op de Bockfiels, Fëschmaart an d'Corniche, de schéinste Balkon vun Europa. Uschléissend si mir am Restaurant La Chapelle am Neiduerf iesse gaang, wou mir den Apéritif an d'lessen op hirer schéin aménagéierter Terrasse genéisse konnten.

Bei der Visite op der Rhum mat hiren Tiern krute mir déi néideg historesch Erklärunge vun eisem Guide, dem Här Theo Krausch. D'Murbelsmillen gouf d'éischt ernimmt am Joer 1083; et war déi lescht Moschterfabrik am Pafendall, si war am Besëtz vun der Firma Munhowen a gouf stëllgeluecht am Joer 1985. Am Festungsmusée op Dräi Eechelen ass op enger Maquette d'Festung vu Lëtzebuerg an hirer ganzer Gréisst duergestallt. Lëtzebuerg war an der Zäit eng impressionnant Festung am deemolegen Europa; haut gesi mir némmen ee Brochdeel dovun.

*Text a Fotoen: Willy Smit*



## DE CLUB DES JEUNES CHRËSCHTNECH

### an déi 17. Editioun vum Knëppelbal an Indiacatournoi

Déi 17. Editioun vum Knëppelbal zu Waldbëlleg war e vollen Erfolleg fir de Club des Jeunes. Mat bal 500 Entréeën hate mir den Hangar mat den Zelter gutt gefällt. An dat huet sech och un der Stëmmung bemierkbar gemaach: Nom Warm-Up vum Dj-Duo Jacko&Schacko huet den DjAI iwwerholl an d'Leit hunn de ganzen Owend iwver vill gedanzt a sech ameséiert. An obwuel eis Gedréngsreserven zimlech genau fir 3 Auer, also fir de Schluss vum Bal, opgebraucht waren, ass déi Nuecht roueg verlaf: Et goufe keng Streidereien an d'Leit hu sech lues a lues op den Heemwee gemaach. Mä och wann um 3 Auer Schluss ass fir d'Publikum, ginn d'Membere vum Club des Jeunes nach laang net heem schlafen. Bis halwer 7 gouf nach am Hangar ofgerichtet, geraumt a gebotzt, ier mir an d'Bett konnte goen. Den aner Dag gëtt de sougenannten „Feinschliff“ dann nach gemaach.

Och um Indiacatournoi hate mir Succès. 13 Equipe ware bei eis komm fir um Tournéier matzemaachen, ma just eng konnt gewonnen. Nieft dem sportlechen Highlight gouf et awer och nach eppes géint den Honger an den Duuscht. Wéi all Joer hu mir nämlech d'Kitchen opgehat fir all d'Leit aus der Gemeng a vu méi wäit an hunn eis legendär Knëppelburger verkauft.





Ma net just de Weekend selwer ass Asaz vun alle Membere gefuerdert. Esou en Event erfuerdert vill Organisatioun an all Hëllef ass wëllkomm. Nieft dem Plangen, musse mir och akafé goen, Schëlder opriichte fir Reklamm ze maachen, Flyeren ausdeelen an Tickete verkafe goen. Do si mir ganz frou op d'Hëllef vun eise Memberen zeréckzegräifen a soen op dëser Plaz och **der Gemeng en décke Merci** fir hir Ënnerstëtzung duerch dat ganzt Material, dat si eis zur Verfügung stellt. **Och e Merci geet un eis Sponsoren**, ouni deenen hir finanziell Hëllef de Weekend sécher net esou flott kéint organiséiert ginn.



Am grousse Ganze si mir also houfreg ze soen, dass mir e flotte Weekend organiséiert haten an dobäi vill Erfolleg haten. Dofir hu mir och en Deel vun eisem Erléis un d'Lutte géint de Kriibs gespent: **1000€ ginn un den Televie**.

Nieft dem Indiacatournoi a Knéppelbal hu mir och um Völker-Cup vun der Maison relais deelgeholl, um Landjugenddag zu Berbuerg matgemaach an um Millefest an op der Feier vum 140. Anniversaire vum Schéissendëmpel gehollef. Als nächst steet **d'Kiermes am Duerf** un: Déi gëtt **den 9. November am Veräinssall zu Chrëschtnech** gefeiert.

De Comité vum Club des Jeunes besteet aus dem Pol Wilgé (Vizepräsident), Joëlle Duschang (Tresorier), Jil Beckené (Sekretär), Michel Becker, Maud Moulin a Ben Wilgé

*Text a Fotoen: Jil Beckené*

## CHRËSCHTNECHER REVUE-ÉQUIPE SPENT 5.000 EURO



Vun 1987 bis 2011 ass d'Chrëschtnecher Revue-Équipe 74 Mol virun am Ganzen 8.400 Spectateuren opgetrueden. An dëser Zäit ass eng Zomm vu 25.000 Euro u Spenden u verschidden Organisatiounen gemaach ginn.

Well keen Nowuess méi do ass, gëtt de Veräin definitiv opgeléist. Getrei hirem Motto Spende fir e gudden Zweck hunn déi verbliwwé Memberen an hirer leschter Reunioun décidéiert, fir de Rescht vun hirer Keess ze spenden un zwou Organisatiounen. An zwar jee 2.500 Euro un d'asbl Leederwon an un d'Fondatioun De Wunschstär.



Text: Fernand Gloden  
Fotoen: Georges Brentener, Camille Goedert

## ÉMMER FIT

### **Yoga for ladies**

Le club gymnastique « Émmer Fit » organisera de nouveau des classes de yoga (30 séances) les jeudis soir avec notre professeure de yoga diplômée Carolina Orgaz à la rentrée 2019/20. Le cours sera en langue française. Si vous êtes intéressées à améliorer votre état physique et énergétique, venez au Veräinsbau à Christnach de 19.30 à 20.30 à partir du 26 septembre 2019. Prière d'apporter un matelas/tapis.

Places limitées: 16 membres max. sur base de « first come first served ». Pas de cours de yoga pendant les vacances scolaires.

En cas d'intérêt, veuillez envoyer un email à notre secrétaire Alice Greischer ([greischa@pt.lu](mailto:greischa@pt.lu)).

Enregistrement définitif après versement de 100€ sur le compte de notre organisation CCRA: LU43 0090 0000 0124 8491 avec la mention « Yoga ».



Och dëst Joer fuere mer mam Yoga virun: Donneschdes owes (19.30 - 20.30) am Veräinsbau zu Chrëschtnech ab dem 26. September 2019.

Eis Yogaléierinn Carolina Orgaz schafft mat max. 16 Yogasturnerinnen. Déi éischt sinn also vir. Iwwerweist w.e.g. 100€ op eisen CCRA Kont: LU43 0090 0000 0124 8491 mat der Mentioun „Yoga“.

### **Gymnastics for ladies (young and not so young!)**

Nous continuerons nos cours de gymnastique (en langue luxembourgeoise) au hall sportif à Waldbillig tous les lundis soir (19.30 à 20.30) à partir du 23 septembre 2019 avec notre monitrice Steffi Dostert.

Exercices spécifiques et variés sur musique pour tous les niveaux et tous les âges.

La première session sera gratuite. Pot d'amitié à la fin de chaque trimestre. En cas d'intérêt, prière de faire le paiement de 90€ pour toute la saison (60€ pour étudiants) sur le compte CCRA LU43 0090 0000 0124 8491 avec la mention « Turnen ».

Eis Aktivitéiten fänken den 23. September 2019 erëm un. D'Turnstonne mat Musek sinn all méindes vun 19.30 bis 20.30 Auer a riichte sech souwuel un Ufängerinnen (vu 16 Joer un) wéi un Turnerinne mat Erfahrung.

Eis Moniteure sinn d'Steffi Dostert, de Charel Hetto an d'Simone Meyers.

Hutt Dir Loscht, lech an enger fréndschaftlecher Atmosphär fit ze man, da maacht mat! Déi éischt Stonn ass gratis an umelle fir d'Saison kënnst Dir lech, andeems Der 90€ fir Erwuessener (60€ fir Jugendlecher) op de Kont CCRA LU43 0090 0000 0124 8491 vum Turnveräin Émmer Fit Chrëschtnech mat der Mentioun „Turnen“ iwwerweist.

#### **Pour plus d'informations, contactez :**

Alice Greischer, secrétaire ([greischa@pt.lu](mailto:greischa@pt.lu)) ou  
Isabelle Koster-Oberlé, présidente  
([isabelle.oberle@education.lu](mailto:isabelle.oberle@education.lu)).



*Text a Fotoen: Isabelle Oberlé*





FRËNN VUN DE POMPJEEËN  
GEMENG WALDBËLLEG

## GRILLEN UM SCHÉISSENDËMPPEL 2019

En décke Merci un all d'Läit déi äis duerch hir Visitt  
trotz dem schlechte Wieder  
bei engem gudde Maufel an engem Patt énnerstëtzt hunn.  
Ech hoffen, Iech all d'nächst Joer de 25. a 26. Juli 2020  
nees bei äis begréissen ze dierfen.

**Wëlls du och bei de  
„Frënn vun de Pompjeeë Gemeng Waldbëlleg“  
matmaachen?**

**ALL INFOE beim Thill Jonathan  
Tel. 691 66 98 42 (no 18 Auer weg.)**





## Jugendpompjeeën Waldbëlleg

# DEMONSTRATIOUN IECHTERNACH

Am Kader vun der 150-Joer-Feier vun den Iechternacher Pompjeeën  
hunn d'Jugendpompjeeë vu Waldbëlleg zesumme mat hire Kollege  
vu Rouspert eng Demonstratiounsübung gemaach  
a sinn am Cortège matgaangen.

En décken Applaus kruten se vun e puer honnert Visiteuren  
an och déi verschidde Ministeren a féierend Leit aus dem  
Pompjeeswiesen hinné hinne fir de gelongenen Exercice gratuléiert.

**Wëlls du och bei de  
Jugendpompjeeë  
matmaachen?**

**ALL INFOE beim Thill Jonathan  
Tel. 691 66 98 42 (no 18 Auer weg.)**



## FC OLYMPIA CHRISTNACH/WALDBILLIG



Léif Leit aus der Gemeng, léif Frënn a léif Membere vum FCO, wat war lass an de leschte Méint a wat ass nach lass am Laf vun den nächste Méint beim FCO.

Fir dat neit Championnat do si mir dëst Joer mat Équipes an deenen heiten Alterskategorien vertrueden: Bambinis, Pupilles, Poussins, Minimes, Cadets an zwou Seniors-Equipé bei de Männer, an eng Dammenéquipe mat Rouspert a Konsdref zesummen.

Déi heiten Evenementer sënn dann nach fir dëst Joer geplangt: de 6. Oktober hu mer Wëldfest; den 22. November de Beaujolais-Owend. An 2020 ass direkt den 3., 4. a 5. Januar den Tavares-Cup an der Sportshal.

Am Kader vun engem Projet vun der Man to Human a.s.b.l. a Kolumbien huet den FCO ongefëier 100 Bäll an zwou Uniformen an nach verschidden aner Fussballsaache gespent. Dëst ass net fir d'éischt, datt den FCO dëser Organisatioun Saache gespent huet.

**Du hues Loscht op Fussball? Däi Meedchen oder Jong hu Loscht Fussball ze spiller? Da mell dech beim Tom MEYERS um GSM 691 34 72 91 oder per Mail: meyerstom@gmail.com**

Mir freeën ons op Är Ënnerstëtzung, dofir kommt laanscht Matcher kucken, sief et déi kleng oder déi méi grouss. Fir lessan an ze drénken ass gesuergt. Direkt nieft dem synthetischen Terrain ass och eng super Spillplaz fir Kanner.



Onst Zil ass et, d'Nowuessaarbecht ze verbesseren an alle Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, fir Fussball an onser Gemeng ze spiller. Et ass awer net einfach, Leit ze fannen, déi sech engagéiere fir Kanner ze trainéieren an och fir am Verän ze hëllefen. Fir an Zukunft weiderhin ons Aarbecht erfollegräich ze gestalten, brauche mer all Ënnerstëtzung, dofir géife mer ons freeën, dech als neie Member vum FCO begréissen ze kennen.



De Comité vum FCO besteet aus deenen heite Leit: Dhamen Ronny, Dunkel Sam, Feltgen Georges, Labarbuta Patrick, Mehlen Jo, Meyers Tom, Schmit Jeff, Tholl Jojo, Tholl Steve, Van Leempt Roger.

Matt beschte sportleche Gréiss, de Comité vum FCO.

*Text a Fotoen: Tom Meyers*



# KULTUR & TOURISMUS // CULTURE & TOURISME

## LIESUNG IWWERT DE MËLLERDALL

*Nu steet een do an 't ass e Steen!*

*Wann Dir dann eng Frächen hätt,  
wí d'Hierger Joffer Griselindche war,  
déi mich de Mëllerdall zum Paradaïs.*

*Hire Papp war een, wí kee mi gëtt.  
An d'Lett, se waren och esu fru mat him,  
wí d'Geess gewinnecklech ma'm Messer ass.*

*Mee d'Griselindche war dat beschte Kand.  
A sange konnt se wéi en Uergelest,  
a spilleren op der Harf, 't ass net ze son!*

*An nu, nu steet een do an 't ass e Steen!  
Ewell en net gelaustert huet op d'Lidd,  
dat owens duerch de Mëllerdällche schaalt.*

*Michel Rodange aus:  
Heringen und seine Umgebung*

**De 5. Oktober 2019 ass owes um 20h am Mëllerdall  
eng Liesung vu literareschen Texter iwwert de Mëllerdall.  
Dat ass um Kärespäicher vun der Heringer Millen.**

**Den Entrée ass gratis, mee eng Umeldung ass erwënscht:  
[fuuss@waldbillig.lu](mailto:fuuss@waldbillig.lu) oder um Telefon 87 89 88  
vum Touristcenter Heringer Millen.**

**Et liesen d'Eugénie Anselin an de Steve Karier.  
D'Musek bei den Texter gëtt gemaach vum Benoît Martiny op der Batterie  
a vum Michel Pilz op der Bassklarinett.  
D'Illustratioun fir d'Affiche vun deem Owend ass vun der Sabrina Kaufmann.**

Foto: Antoine de Saint Phalle



D'Eugénie Anselin, ass zu Paräis gebuer. Si ass an Däitschland, an duerno zu Lëtzebuerg opgewuess. Si huet Theater studéiert op der Züricher Hochschule der Künste, an ass Actrice zanter 2009. Si ass zu Lëtzebuerg bekannt ginn an der Serie *Weem sees d'et*, a mat e puer Filmer. Am Christophe Wagner sengem *Eng nei Zäit* huet si d'Mathilde gespillt, d'Schwëster vum Haaptpersonnage.

Foto: Ville de Luxembourg



De Steve Karier war als Schauspieler énnert anerem zu Basel, Köln, Bochum, Mainz, Zürich. Hien ass zanter 2010 Direkter vum *Fundamental Monodrama Festival* zu Lëtzebuerg. 2003 huet de Steve Karier den integralen Text vum *Renert* op dräi CDen opgeholl, en 2012 am Kapuzinertheater op d'Bün bruecht an dobäi all Rolle selwer interpretéiert.

2017 fir déi 190 Joer vum Michel Rodange hat d'Germaine Goetzinger eng Konferenz zu Waldbëlleg gehal: „A wou mam Krop geschafft gëtt, do ass de Fuuss um Still. Dem Michel Rodange seng *Gesellschaftskritik am Renert*“. De Steve Karier hat dobäi aus dem Renert virgelies.

Foto: Laurent Cordier



De **Benoît Martiny** huet Perkussioun studéiert zu Lëtzebuerg, zu Rotterdam um Royal Conservatory, zu New Orleans an op der University of North Texas. Hien huet op der ganzer Welt Concerete ginn an Diske publizéiert, mat der hollännescher Afrogrupp Mdungu, mat der Benoît Martiny Band, mat Museker ewéi Randy Brecker, Thijs van Milligen, Ernie Hammes, Sascha Ley, mat De Läb a mat der venezuelanescher Hardrock- & Metalband Cultura Tres. Hien ass Proff op der Museksschoul zu lechternach.

De **Michel Pilz** ass zanter 50 Joer ee vun de bekanntesten europäeschen Jazzmuseker an huet op ville grousse Festivale gespillt, énnert anerem zesumme mat Globe Unity Orchestra, dem Manfred Schoof, dem Japaner Itaru Oki a mat senger Band, dem Michel Pilz Trio.

De Benoît Martiny an de Michel Pilz sinn dacks zesummen opgetrueden an hunn 2018 en Disk erausbruecht *De Gudde Wölle*, benannt no deem Lokal, wou si dee Live-Album opgeholl hunn.

Foto: Sabrina Kaufmann



D'**Sabrina Kaufmann** huet scho mat 14 Joer ege Geschichte geschriwwen an illustréiert. Si gëtt zanter 2011 Mangacourses, zanter 2016 och online. Momentan schafft si un hirem Manga a Webcomic *Illustrated Fairytales*. Hir Geschichte sinn dacks vu Geschicht a Literatur inspiréiert.

Déi presentéiert Texter sinn natierlech vum Michel Rodange, dann awer och vu Mil Goerens, Germaine Goetzinger, Daniel Heintz, Léon Kirsch, Michel Lentz, Cornel Meder, Roger Muller, Mathias Ruden, Nik Welter a Batty Weber. Déi literaresch Informatiounen iwwert d'Auteure kommen aus dem Luxemburger Autorenlexikon vum Nationale Literaturzenter.

Et geet do natierlech iwwert de Mëllerdall, iwwert seng natierlech Schéinheeten, mee och ém d'Soen an déi impressionnant Personnagen ewéi den Hierger, d'Griselinde, d'Goldfrächen, an natierlech de Renert an de Michel Rodange, dee jo zu Waldbëlleg gebuer gouf an an deem senge Schréften d'Lokalitéiten aus der Gemeng Waldbëlleg an dem Mëllerdall émmer erém present sinn.

D'Texter gi virgelies an hei ofgedréckt mat der fréndlecher Autorisatioun vum Direkter vum Nationale Literaturzenter a vum Mil Goerens, der Germaine Goetzinger, dem Daniel Heintz, dem Charles Meder, an der Antoinette Welter.

Deen Owend ass vum Marc Barthelemy an der Kultur- an Tourissemkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg konzipéiert ginn.

Hei e Beispill vum **Michel Rodange**: Hien huet e Lidd vum **Hierger Här** geschriwwen, also iwwert de Ritter vun der Hierenger Buerg.

Dat Lidd ass aus dem Michel Rodange sengem Theaterstéck: „Dem Grow Sigfrid seng Goldkuommer“, dat 1928 fonnt gouf an dat den Nikolaus Welter dunn erausginn huet. Et ass eng lëtzebuergesch Versioun vum August Platen sengem ni opgeféierte Jugendwierk „Der Schatz des Rhampsinit“.

D'Lidd vum Hierger Här steet am 6. Oprëtt vum 1. Akt.

Do wou d'Schwaarzärenz  
Duerch de Bësch leeft  
Souz den Hierger  
Här am Buergnascht,  
Dat ganz héich war,  
Mat der Duechter,  
Déi ganz schéi war.  
An zu Beefert  
War e Jonker,  
Den se gär hat,  
An si hien och.  
Awer Beefert  
An den Hierger  
Ware Feind sech  
Bis an d'Séil an.

E Verréider  
An e Schmalzert  
Koum zum Hierger  
An dee sot em:  
Wann Der fort sidd,  
Kënnt de Jonker  
Op Iert Schlass hier.  
Wat e mécht hei  
Musst Dir wëssen.  
Datt Dir fort sidd,  
Dat gesäit een  
Un den Trëtt vun  
Ierem Räitpäerd.

An den Hierger  
Rennt no Bélleg  
An e seet do  
Zou dem Schmadd détt:  
Hei beschlo nu  
Ganz geschécklech  
Du mäi Räitpäerd,  
D'Hénnesch vîr mer.  
An de Schmatt schléit  
Op den Undels  
An op d'Eisen  
Datt et fonkelt.  
Da beschléit en  
Him säi Räitpäerd,  
D'Hénnesch vîr schéin.  
Op säi Féxchen  
Spréngt den Här du,  
An du hannescht.  
Rücht op heem zou.  
Awer d'Houftrëtt  
Vun dem Räitpäerd  
Weisen anescht.

Ém den Owend  
Nu geridden  
Koum vu Befert  
Och de Jonker.  
Frou gesäit en  
Un den Houftrëtt  
Datt den Hierger  
Nach eraus wir.  
Klappt un d'Paart lues  
Déi och opgeet.  
Wéi de Jonker  
War am Schlasshaff,  
Spréngt den Hierger  
Un den Hals em  
Mat dem Räitkniecht  
An se stoussen  
Iwwer d'Fiels of  
Géi de Jonker  
Sechs Versinns déif.





*Nu steet een do an 't ass e Steen!*

*Wann Ðir dann eng Frächen hätt,  
wi ð'Hierger Joffer Griselindche war,  
déi mich de Möller dall zum Paradaäis.*

*Hire Papp war een, wi kee mi gëtt.  
An ð'Lett, se waren och esu fru mat him,  
wi ð'Geess gewinnecklech m'am Messer  
ass.*

*Mee ð'Griselindche war dat beschte Kand.  
A sange konnt se wéi en Uergelest,  
a spinnen op der Harf, 't ass net ze son!*

*An nu, nu steet een do an 't ass e Steen!  
Ewell en net gelaustert huet op ð'Lidd,  
dat owens duerch de Möller dällche schaalt.*

*Michel Rodange*

## UERGELFRËNN WALDBËLLEG

An der éischter Halschent vun 2019 hunn d'Uergelfrënn zwee Uergelrecitale vun héijem Niveau organiséiert. Fir eis Keess ze fëllen hu mir och op en lessen (Ham, Fritten an Zalot) invitíert. De 5. Juli hate mir eis Generalversammlung.

Sonndes de 24. Februar ass de Jos Majerus, Titularorganist vun der lechternacher Basilika, op Waldbëlleg e Recital spille komm.

De Jos Majerus, Joergank 1988, huet seng musikalesch Studie scho mat 8 Joer um Conservatoire du Nord ugefaangen. Am Joer 2000 koum hien an d'Uergelklass vum Maurice Clement, wou hien 2010 e Prix supérieur kritt huet. Duerno huet hie säi Museksstudium an der Schwäiz (Luzern a Basel) weidergefouert. Scho mat 12 Joer ass hien Organist a sengem Heemechtsduerf Iermsdrëf ginn, a vun 2007 bis 2010 war hien Titularorganist vun der historescher Westenfelder-Uergel zu Veianen.



Hei zu Waldbëlleg sinn de Jos Majerus a seng Famill scho laang keng Friemer, well säi Papp, de Raymond Majerus, President vun den Uergelfrënn Iermsdrëf ass an eise Veräin als Éieremember énnerstëtzzt.



De Jos Majerus huet e Programm gespillt, deen op d'Barockmeeschter Buxtehude, Sweelinck a selbstverständlech Johann Sebastian Bach fokusséiert huet. A sengem Schluss-Stéck, dem Bach sengem „Präludium und Fuge in D, BWV 532“, huet hien duerch seng technesch Brillanz besonnesch impressionéiert. Mä och déi spilleresch Méiglechkeete vun eiser Uergel huet hien ausgenutzt, z.B. am Mozart sengem „Andante in F für Orgelwalze KV 616“ oder dem Joseph Haydn senge „Stücke für Flötenuhr“.

No dem Concert hunn d'Nolauschterer e puer flotter Stonnen an der Cafeteria bei engem gudde Patt verbruecht.

**Weider Datumer fir an Ären Agenda:**

**Samschdeg, de 14. Dezember 2019 èm 20.00:**

**Chrëschtconcert mam Ensemble vocal Cantique**

**Samschdeg, de 14. Mäerz 2020:**

**Concert mat The Purcell Singers of Luxembourg (dir. Nicolas Billaux) mat der Begleedung vum Ensemble Ad Libitum (Uergel: Rosch Mirkes).**

Sonndes de 5. Mee huet de Veräin dann op säin éischt Ham, Fritten an Zalot an d'Cafeteria zu Waldbëlleg invitéiert. Eng 40 Leit hu sech ugemellt, an nom Echo ze jugéieren, waren si alleguer ganz zefriddent. Mir waren op jidde Fall déck zefriddent, datt mir esou eng gutt Équipe haten, fir d'lessen an d'Gedréngs ze préparéieren an ze zerwéieren. Ausser de Leit vum Comité waren dat: Yolande Berrend, Margot Gilles-Weis, Lindsey Mason, Henriette Baden, Léonie Schintgen, Danielle Baden a Pamela Carlisle, deene mir alleguer en häerzleche Merci soen. Mir rechnen domat, d'nächst Joer erëm esou en lessen z'organiséieren.



Samsdes de 15. Juni dann huet de Guus Theelen, Titularorganist vun der Lodewijkskerk zu Leiden (NL) e Recital an der Waldbëlleger Kierch gespillt.

De Guus Theelen – dee mir iwwert eisen Uergel-Expert de Paul Kayser kennegeléiert hunn – ass scho laang e Frénd vu Lëtzebuerg, a besonnesch vun Iechternach. Schonn als jonke Mensch ass hien all Joer mat enger Grupp aus Holland op d'Sprangprozessioun gepilgert, an déi Traditioun setzt hien haut op eege Fauscht nach fort. Dofir war et logesch, datt hien an der Woch no Päischten an eiser Géigend sollt bleiwen fir hei zu Waldbëlleg e Concert anzeüben an ze spiller.

Dem Guus Theelen säi Programm huet eis duerch 5 Joerhonnerte gefouert, ugefaange mat dem Renaissance-Komponist Hans-Leo Hassler (1564-1612). Just dat 21. Joerhonnert huet gefeelt, well de jéngste Komponist, den Hollänner Albert De Klerk, 1998 gestuerwen ass. Et war immens intressant ze erliewen, wéi de Kënschtler d'Registere vun eiser (eigentlech Barock-)Uergel net némme fir Wierker aus Renaissance a Barock, mä och fir Romantiker wéi de Mendelssohn a fir modern Kompositiounen wéi dem Marius Monnikendam seng „Short Inventions“ wousst ze kombinéieren.

De 5. Juli ass d'Generalversammlung vun den Uergelfrënn zu Chrëschtnach am Veräinsbau ofgehale ginn. De President huet op eng erfollegräich Saison zréckgekuckt, an huet betount, datt d'Uergel net némme fir Liturgie a Concerten, mä och am Oktober 2018 als Begleedung fir d'Ausstellung „Prehistoire am Méller dall“ benotzt ginn ass. Hien huet och un déi verstuerwe Membere vum Veräin erénnert, énnert hinnen den Här Marcel Ney, deen an de leschte Joere bal émmer op der Generalversammlung dobäi war.



*Text: Henry Wickens.  
Fotoen: Uergelfrënn,  
Isabelle Oberlé, Damaris*



## HÄERZLECH WËLLKOMM OP DER HERINGER MILLEN!

Et wor eemol .... en Éisleker Meedchen an e Stater Bouf ... déi hu sech bei Lyon um Institut Bocuse kennegeleiert. De Lars Fiebig ass do zum Kichechef ausgebilt ginn, an d'Marie-Louise Engeldinger am Fach Management. Di léif Koppel huet ganz vill Beruffserfarung a Kompetenz am Ausland gesammelt. D'Marie Louise huet ze New York geschafft. De Lars huet z.B fir d'Weltausstellung ze Shanghai gekacht an do woren di sechs Méint Stage op eemol zu dräi Joer ginn.

Enges Dags woren di zwee Weltebummler grad ze Land, wéi si decidéiert hunn, zesummen an dee schéine Mëllerdall iessen ze goen. Beim Charel Hartmann huet d'Lokal Heringer Millen si begeeschert. Mee mat erëmkommen fir do gutt ze iessen, wor näischt méiglech, well dee Locataire selwer op Weltrees gaangen ass. Den Dram vu Marie-Louise a Lars vun engem eegene Brasserie-Restaurant ass opgeblitt. Si hu sech ferm druginn an dem Propriétaire vun deem Zauberhaischen, der Gemeng Waldbëlleg an der Persoun vum Sekretär Nico Schlammes eng iwverzeegend Candidature eragi mat hiren Iddien. Et gouf ee Succès.

Zanter dem 1. Mäerz 2014 lackele si hir trei Clientë mat enger Équipe vun elo 14 fest ugestalltenem Personal, mat am Summer 25 Studenten dobäi. Ganz wichteg am Konzept ass bis haut d'Tatsaach, datt si an dëser touristescher Géigend de ganzen Dag ophunn. Tëscht 12 a 24 Auer ass an där roueger Ambiance am Gréngs, mat grousser Terrass, jidderee wëllkomm, ob fir en Aperitif, als idylleschen Tête-à-tête, fir e Kand mat blénkegen Aen bei enger Glace, e séiere Sandwich, dem Randonneur seng Spätzle, de faméisen Dräi-Gang-Dagesmenu oder e präislech attraktiivt Gruppeniessen. Si maachen e Spagat fir jidderengem seng Ufro émzesetzen. Den typesche Client ass oft present an aus der Emgéigend: Hie vertraut der gastronomescher Kreativitéit vum Chefkach, deen sech all Woch ee sukkulente Menu ausdenkt. Hien appréciéiert, datt hei lokal héichwäerteg Produkter à la française mat vill Talent a Gedold verschafft ginn, z.B lëtzebuergesch Biogeméis, Kraider vu Gonnereng, Friichte vun der Äppelpress vun Eppelduerf, Bäerdrefer Kéis vum Schmalenhaff ... Stammclienten froen iwwregens um Telefon dacks no der „Madame Heringer“.

Touriste sinn d'Kiischt um Kuch a komme vun Ouschte re bis zum leschten August.

Fir Familljen- a Geschäftsiessen ass een hei och richteg. Akaft gëtt souwält ewéi méiglech regional an dono probéiert de Lars dann de Goût vu senge Clienten ze iwwerraschen. Oft si seng Creatiounen e bëssen asiatesch ugehaucht: De Lëtzebuerger mécht den Teller Feierstengszalot oder Bouchée brav eidel a wonnert sech dono, well en et esou net kennt: „Esou ass dat net iwwerall ze kréien“. Och méi kritesch Geeschter ginn hei ofwiesslungsräich verwinnt.

De Lars schaft méindes an der Kichen seng Zoosse, an d'Marie-Louise këmmert sech ëm de Service, mee och ëm Administratives an ëm d'Commande vun de Wueren, an ëm d'Umeldungen. Dacks komme Gruppen, fir z'iessen. Och esou muncher Club kënnt mat senge Memberen, fir d'lessen ze genéissen an op enger wonnerschéiner Plaz gemittlech sätzen ze bleiwen. D'Leit hunn hei Zäit sech ze begéinen an hirem Kierper eppes Gutts ze dinn. De Restaurant leet mat enger relativ klenger Kaart an adequate Portioune Waërt drop, et jidderengem méiglech ze maachen, sengem Goût a sengem Appetit no z'iessen an vläit, mat engem Gefill vu Liichtegkeet, ee vun de villen Digestiver ze testen.



Et gëtt gutt, qualitativ héichwäerteg gekacht, laut dem Bocuse senger Maxime vum „Respect du Produit“. Denkt un de Bauer, dee säi Kälfche stonnelaang betreit, de Geméisbauer deen um Feld vill Schrëtt muss man.

Dobäi gëllt et d'Quantitéit richteg ze berechnen, mam Risiko, datt eemol eppes op der Kaart feelt. D'Heringer Millen bedelegt sech un der Campagne Anti-Gaspillage. De Lars notzt a senger Kichen all Stéck vum Fleesch a produzéiert e Minimum un Offall. Am Kader vun Aktioune vum Ministère de l'Agriculture gouf et hei z.B e Kannerkachcours, eng Radiosemissioun, extra ugepasste Menuen ... Regelméisseg gi Formatioune matgemaach ewéi: Wéi kachen ech glutenfräi, vegetaresch, vegan?

D'Koppel suergt derfir, datt all Mataarbechter hei gutt schaffe kann. D'Gérance kritt émmer erëm vu Studenten als Echo, datt een do vill schaffe muss, mee gäre kënnt. D'Ambiance spigelt dat och erëm, an d'Personal empfänkt all Client gutt, egal, ob en am Kostüm, am Maillot oder a Schaffgezéi erakënnt, e grousse Menu wëllt iessen oder just eng grouss Fläsch Waasser brauch ...

Hannert de Kulisse vun der Brasserie-Restaurant Heringer Millen gëtt all Dag laang gewuddert, de Lars schafft vu 7 Auer moies bis 11 Auer owes, an d'Marie-Louise vun 10 Auer moies bis 1 Auer nuets. Esou en Job ass net jidderengem säin Dram! Méindes, dënschdes a sonndes owes ass zou - well bis da poteren nach dacks déi vum Sonndegmëttegiessen. Vu Päischten un ass och dënschdes op, bis Enn August.

De wuelverdénge Congé baut Personaliwwerstonnen of a geet vum 23. Dezember bis den 31. Januar.

Villmools Merci och all deenen, déi bei der Organisatioun an den Dag selwer gehollef hunn.  
2020 wäert sech eis Gemeng och nees beweegen!

*Text: Beweegungskommissioun*

*Fotoen: Beweegungskommissioun, Isabelle Oberlé*





## HOP ON, HOP OFF

Se sinn lech bestëmmt schonns opgefall, déi schéin nei Bussen Hop on, Hop off, déi een elo méi dacks gesäit duerch de Mëllerdall an och soss duerch d'Land fueren.

Deen Trajet Nature and Castle Line, wou een also kann eraus- an erëm eraklammen, féiert vun der Stad aus duerch de Mëllerdall op lechternach an op Veianen an erëm hannescht. Stoe bleift de Bus zu Jonglënster, am Mëllerdall, zu Beaufort, Reisdorf a Bettendorf. De Bus fiert all Dag vun Ufank Juni bis de 4. November, sechs Mol den Dag.

Et ass eng Initiativ, déi vu Moyocci, eng Marque vu Sales-Lentz, zesumme mat de regionale Tourissembsbüroë vum Mëllerdall a vum Éislek konzipiéiert ginn ass, fir et de Besicher vun eisem Land, deenen aus dem Ausland an och deene vun hei, et méi einfach ze maachen, duerch déi schéi Géigende vum Land ze reesen.

En Dagesticket kascht 24 Euro fir Erwuessener; et kritt een och en Ticket, fir just eng Etapp fir 7 Euro. Et gi Reduktiounen fir Kanner a Familljen an och verschidde Kombiticketen. Informatione fénnt een op [www.moyocci.com](http://www.moyocci.com) an iwwer Telefon 2 66 51-2250. D'Tickete kritt een och um Internet an am Bus selwer.

*Text: Marc Barthelemy*

*Foto: Moyocci*



# TOUR DU DUERF

## Responsabel fir meng Gemeng

### TOUR DU DUERF 2019, VUM 10. BIS DEN 30. SEPTEMBER

Och dëst Joer huet sech d'Gemeng Waldbëlleg fir den TOUR du DUERF 2019 ugemellt. An och dëst Joer gëllt: Ab elo ka jiddereen, deen an der Gemeng schafft/an d'Schoul geet oder an engem Veräin ass, sech umellen!

Den 10. September geet et lass! Hei de Link fir méi Informatiounen: [www.tourduduerf.lu](http://www.tourduduerf.lu)

Do kënnt Dir lech umellen, mat aneren en Team forméieren, an do schreift Dir och déi gefuere Kilometer an.

### Tous à bicyclette, du 10. - 30.09.2019 !

Pour la sixième année consécutive, la campagne TOUR du DUERF est organisée à partir du 10 septembre 2019 par le Klima-Bündnis Lëtzebuerg et le Verkéiersverbond.,

L'objectif déclaré de la campagne est de sensibiliser les citoyens à l'utilisation quotidienne du vélo et de lui conférer un rôle plus important. En trois semaines, il s'agit de collecter autant de km parcourus à vélo que possible, que ce soit pendant les heures de travail ou de loisir, en équipe ou individuellement.

Chaque participant encode ses kilomètres parcourus via Internet [www.tourduduerf.lu](http://www.tourduduerf.lu)



## ORT- INFORMATIOUNEN

Den Office régional du tourisme Région Mullerthal – Petite Suisse/Luxemburger Schweiz huet Brochuren erausbruecht iwwert de Mëllerdall.

**Mullerthal VISIT** informéiert iwwert déi interessant Sitten, iwwert d'Horairen an d'Entréespräisser.

**Mullerthal Touring** ass nätzlech, wann ee motoriséiert énnerwee ass.


**Mullerthal Guided Tours** zielt d'Méiglechkeeten op, wéi ee ka geféiert Visitë maachen, bei de kulturelle Sitten, fir e Vélostour oder fir Randonnéeën.

**Mullerthal Hits for Kids** interessaéiert d'Elteren, fir ze wëssen, wéi se hir Kanner kunnen ameséieren.

**Carte des randonnées régionales:** Do ass net némmen de Mëllerdalltrail drop mat sengen dräi Routen an de véier Extratouren, mee och déi lokal Weeér, déi am Mëllerdall gezeechent sinn. Déi Kaart kascht e puer Euro.

Déi Brochuren an déi Kaart kritt een an den Touristenzentren, per [info@mullerthal.lu](mailto:info@mullerthal.lu) oder op : [www.mullerthal.lu](http://www.mullerthal.lu) [www.mullerthal-trail.lu](http://www.mullerthal-trail.lu)

Marc Barthelemy



## MILLEFEST

D'Millefest op der Hierenger Millen ass all Joer de Sonndeg no Häraffertendag. Dëst Joer war dat den 2. Juni.

Wéi émmer war fir Spiller fir d'Kanner a fir lessen an Drénke fir déi Grouss gesuergt. Et gouf érem regional Produkter, virun allem aus der Bakstuff vun der Millen. Et konnt een och spadséieren goen, oder beim Duckrace matmaachen.

Fotoen: Leyla Barthelemy, Isabelle Oberlé, Filipe Soares







## VUM BAM ZUM SCHAUKELPÄERD

D'Léift zum Holz an zur Natur huet et mat sech bruecht, dass den Naturpark Mëllerdall zesumme mat der Schräinerei Baden Holzbaucourses ubitt, an domat dat schéint Naturprodukt méi no un d'Leit bréngt.

An dëse Courses sinn dëst Joer scho mat Begeeschterung Uebstleederen, Bänken, Dréihockeren a Schaukelpäerd énnert fachmänescher Leedung an Opsicht gebaut ginn.

*Text a Fotoen: Roby Baden*



# D'HEINZELMÄNNERCHER

Äre Service de Proximité



## offre spéciale été | sommerangebot

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs  
d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Dengschtleeschter vu klengen Arbechte fir eeler Leit oder  
Hëlfesbedierfteger.*

### DEMANDEZ-NOUS: FRAGEN SIE UNS:

#### Travaux de jardinage:

Entretien du potager, de la pelouse, arrosage, taille, etc.

#### Travaux de bricolage:

Réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.

#### Divers:

Entretien de votre maison pendant vos vacances, promenades des chiens, courses, etc.

#### Gartenarbeiten:

Vorbereiten des Bodens, Rasenpflege, Giessen, Heckenschneiden, usw.

#### Instandsetzungsarbeiten:

Reparaturen, Malerarbeiten, Hochdruckreinigung, usw.

#### Verschiedenes:

Hauswartung während der Ferien, Hunde Gassi führen, usw.



**TARIF TTC I incl. MwSt: 14€/h /salarié/ St. / Mitarbeiter  
4€/h / machine / St. / Maschine**

# TÉL.: 28 80 80

8, an der Laach | L-6550 Berdorf  
[mellerdall@cig.lu](mailto:mellerdall@cig.lu) | **mellerdall.cig.lu**



## JOURNÉE PACTE CLIMAT 2019

### Sous le signe du « Pacte Climat 2.0 »

Le 4 juin 2019, Esch-sur-Alzette a accueilli la septième édition de la Journée du Pacte Climat. Pour les communes, cette manifestation annuelle est un rendez-vous important d'échange et de bilan. L'objectif est de présenter et de promouvoir les mesures d'une politique durable de l'énergie et du climat. Cette année, la journée a été placée sous le signe du « Pacte Climat 2.0 » et de la poursuite du pacte au-delà de l'année contractuelle 2020. Si le pays veut atteindre ses objectifs en matière climatique d'ici 2030, il faudra engager une approche efficace.

La commune de Waldbillig, représenté par son ingénieur Filipe Soares, a participé aussi à cette édition de la Journée du Pacte Climat pour un échange passionnant autour du « Pacte Climat 2.0 ».

La ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable en collaboration avec myenergy, la structure nationale pour la promotion d'une transition énergétique durable, a remis des certifications Pacte Climat à 10 communes. Au printemps 2019, Esch-sur-Alzette et Préizerdaul ont atteint le score maximal de 75 % et ont ainsi rejoint le club des communes certifiées « Or ». Huit nouvelles communes ont atteint le seuil d'au moins 50 % et obtenu la certification de niveau 2 : Helperknapp, Rosport-Mompach, Roeser, Reckange, Strassen, Beaufort et Heffingen.

Text: Filipe Soares  
Foto: myenergy / Studion Photograph

## KLIMAPAKT 2.0!

Am 04.06.2019 war es wieder soweit. Der Luxemburger Klimapaktag fand in Esch-sur-Alzette statt. Hier sei zu erwähnen, dass mit Esch-sur-Alzette und dem Préizerdaul zwei weitere Gemeinden in die Goldriege des Klimapakts aufgestiegen sind.

Neben den gewohnten Auszeichnungen für Gemeinden, welche eine neue Zertifizierungsstufe erreicht haben, wurde allerdings auch die Fortführung des Klimapakts nach 2020 angesprochen. Ab dem 01.01.2021 startet der Klimapakt 2.0, welcher dann bis 2030 laufen wird. Die Gemeinden können dann ihren auslaufenden Vertrag verlängern und sollen von folgenden Änderungen, welche von den Vertretern des Ministeriums angesprochen wurden, profitieren:

- Die Unterstützungen für die Gemeinden sollen ausgebaut werden:

- Hilfe bei der Erstellung von Klima- und Energieplänen.
- Bessere Nachverfolgung der Indikatoren.
- Initiierung von Projekten bezüglich des Klimaschutzes.
- Anpassung des Maßnahmenkataloges und größere Themenvielfalt der Maßnahmen.

- Verbessertes Arbeitsumfeld für die Gemeinden:

- Verbessertes Leitsystem.
- Angebot an Klimaberatern wird erweitert um spezialisierte Klimaberater.
- Besserer Einbezug regionaler Kooperationspartner.
- Entwicklung der Arbeitswerkzeuge (in Zusammenarbeit mit SIGI).
- Organisation der Partnerangebote wird verbessert (CELL, IMS, Klimabündnis, EBL).


- Unterstützung des Gemeinde-Engagements bezüglich der Einwohner:

- Vorschläge für unterstützende Hilfsmittel (Energie-Kooperationen).
- Erarbeitung neuer Kommunikationsmöglichkeiten (Wettbewerbe, Kampagnen, themenbezogene Zertifikationen).
- Unterstützung bei der Kommunikation mit den Einwohnern.

Es bleibt also spannend und wir hoffen darauf Sie bald mit weiteren Informationen versorgen zu können.

Der derzeitige Stand des Klimapakts in Luxemburg liest sich wie folgt:

Teilnehmende Gemeinden	102 Gemeinden
Zertifizierte Gemeinden:	92 Gemeinden
Zertifizierung >40%:	7 Gemeinden
Zertifizierung >50%:	76 Gemeinden
Zertifizierung >75%:	9 Gemeinden
Zertifizierte Luftqualität:	2 Gemeinden
Klimaberater im Land:	32 Klimaberater



Für die Gemeinde Waldbillig ergab sich zum Jahresbericht am 01.03.2019 die hier dargestellte Bewertung:

### 1.1 Anzahl mögliche und erreichte Punkte

Anzahl möglicher Punkte (gemeindespezifisches Potential)	403,0 Punkte
Für das Label European Energy Award notwendige Punkte (50%)	201,5 Punkte
Für das Label European Energy Award® Gold notwendige Punkte (75%)	302,2 Punkte
<b>Anzahl effektive Punkte (Zielerreichungsgrad der Kommune)</b>	<b>215,2 Punkte</b>
	<b>53,4 %</b>

### 1.2 Stärken-Schwächen-Profil




Abbildung 1.1




Abbildung 1.2

Nächstes Jahr wird die Gemeinde dann auch in ein Re-Audit gehen, um die bisher erreichte Erfüllung des Maßnahmenkatalogs von über 50% zu bestätigen. Dieses Audit ist vier Jahre nach der ersten Zertifizierung verpflichtend und die Vorbereitung darauf wird noch die ein oder andere Aktion zur Verbesserung der aktuellen Bewertung mit sich bringen.

An folgenden Projekten wurde, bzw. wird daher jetzt schon gearbeitet:

- Im Bauamt der Gemeinde liegt seit Mai 2019 eine Bauherrenmappe bereit, die alle relevanten Informationen für die Einwohner enthält, wenn ein Neubau oder eine Sanierung ansteht. Die Bauherrenmappe steht bei der Gemeinde zur Verfügung oder kann auf der Homepage papierlos heruntergeladen werden.
- Im September 2019 findet die europäische Mobilitätswoche statt. Waldbillig hatte letztes Jahr zum ersten Mal mit einem Mobilitätstag an dieser Woche teilgenommen und wird dieses Jahr ein Programm für die gesamte Woche anbieten. Wir hoffen, dass die Einwohner hier zahlreich an den diversen Aktivitäten teilnehmen werden.
- Auch die Tour du Duerf wird dieses Jahr wieder auf Gemeindegebiet stattfinden. Nach einem sehr guten zweiten Platz für die meisten gefahrenen Kilometer pro Einwohner wäre dieses Jahr ein Angriff auf den ersten Platz denkbar.
- Im Juni fand eine erste Versammlung zu einer Sensibilisierungskampagne bezüglich der Abfallvermeidung mit den Nachbargemeinden Consdorf und Bech statt. Die Kampagne soll dieses Jahr noch zur Ausführung kommen und hat das Ziel die Einwohner der Gemeinden zu informieren und eine Senkung der Restmüllmenge der Gemeinde einzuleiten.
- In Zusammenarbeit mit dem Naturpark Müllertal wird zurzeit ein Fördermittelprogramm für Einwohner erstellt, um energetische und Klimaschutz-Vorhaben für Privathaushalte zu finanzieren.
- Die Gemeinde stellt den Stromtarif für kommunale Gebäude und öffentlich Beleuchtung von Naturstrom auf Nova Naturstrom um und geht somit mit gutem Beispiel voran, um einen Strom einzukaufen, welcher weniger Eingriffe in die Ökologie erfordert und somit auch die Kriterien erfüllt, um unter der Rubrik „grüner Strom“ bei oekoptothen.lu geführt zu werden.

Da auch der Anteil an grünem Strom auf dem gesamten Gemeindegebiet bei der Bewertung im Maßnahmenkatalog eine große Rolle spielt, wäre es natürlich wünschenswert, wenn möglichst alle Haushalte auf einen grünen Strom (siehe [https://www.oekoptothen.lu/private/products/green\\_energy](https://www.oekoptothen.lu/private/products/green_energy)) umsteigen würden. Die Kosten belaufen sich auf eine ca. 1,2%ige Steigerung. In diesem Sinne zählen wir auf Waldbilligs Einwohner uns im Klimapakt weiter voranzubringen!

Ihr Klimaberater  
Thomas Rünnenburger

## BETRIBER ËNNERSTËTZEN DE MËLLERDALLTRAIL

**De 16. Abrëll goufen an der Jugendherberg zu lechternach 27 Betriber aus der Regioun Mëllerdall geéiert an als Mullerthal Trail Partner ausgezeechent.**




Et sinn dat Hotellen, Herbergen, Campinger an Touristeninformatiounen, déi no um Mëllerdalltrail leien, an de Randonneuren e spezielle Service ubidden ewéi individuell Berodung, Kaartematerial, eng Apdikt fir énnerwee, Picknick fir matzehuelen oder Transport vum Gepäck. Et kann een och op den Ausgangspunkt geféiert oder no der Wanderung hanneschtbruecht ginn.



Déi Betriber sinn:

Jugendherberg	Beefort	Echternach Tourist Office	lechternach
Hotel Meyer	Beefort	Villa Waldeslust	Eppelduerf
Camping Plage Beefort	Beefort	Jugendherberge Larochette	Fiels
SIT Berdorf; Camping Martbusch	Bäerdref	Camping op Kengert	Fiels/Miedernach
Bäerdreffer Eck	Bäerdref	Touristcenter Heringer Millen	Mëllerdall
Camping Belle-Vue 2000	Bäerdref	Camping Cascade	Mëllerdall
Trail Inn	Bäerdref	Europacamping Nommerlayen	Noumer
Aquatower Bäerdref	Bäerdref	Hôtel Bon Repos	Scheedgen
Bed & Breakfast White Pearl	Chrëschtnéch	Hôtel-Restaurant Gruber	Steenem
MuppenTrupp	Konsdref	Hotel Dimmer	Wallenduerfer Bréck
Jugendherberg	lechternach	Camping du Rivage	Wallenduerfer Bréck
Hostellerie de la Basilique	lechternach		
Au Vieux Moulin	lechternach		
Camping Officiel	lechternach		
Camping Alferweiher	lechternach		
Hôtel Brimer	lechternach		



## RAUPENTERROR

Den Eecheprëssessiounsspänner huet et d'lescht an dëst Joer massiv an d'Zeitunge gepackt. Déi Raup ass mat der Hëtzt bei eis komm a vill där Déiercher fille sech wuel op eisen Eechen.

D'Leit an hirer Géigend manner, well d'Heeërcher vun deenen Déieren sinn zolidd gëfteg an et gi schwéier Verbrennungen, wann een domat a Kontakt kënnt. Si liewe bal émmer op Eechen, mee se sinn normalerweis net geféierlech fir de Bam op deem se liewen, och wann se a risege Prëssessiounen op de Beem énnerwee sinn an do hir Náschter bauen.

Mënschen hu besser sech ewech ze halen an et muss ee virun allem op Kanner an och op Hausdéieren oppassen, datt si déi Raupen net beréieren. An och wäit ewech soll ee bleiwen, well d'Heeërcher fléien duerch d'Géigend. Mee et muss ee just eppes énnerhuelen an se vu enger spezialiséierter Firma ewech maache loosse, wann d'Beem no bei engem Haus stinn. Dat ass dann allerdéngs net esou einfach, wann e Bam esou staark befall ass wéideen op de Fotoen hei, vun enger Eech an eiser Gemeng.

D'Ministere Carole Dieschbourg an Étienne Schneider schreiwen de 17. Juni 2019 an hirer Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 0657 vum Yves Cruchten énnert anerem dat heiten:

„La lutte mécanique ou chimique ne doit être effectuée qu'en situation de risque avéré et uniquement par des personnes formées pour ce type d'intervention. Les administrations de l'État concernées conseillent les communes en ce qui concerne les mesures et les moyens à appliquer. [...]“

Le plan national en élaboration prévoit des formations pour le personnel de toute administration ou service susceptible d'agir activement contre la processionnaire du chêne. [...]

Toute manipulation des nids de chenilles processionnaires risque de créer une dispersion incontrôlée des poils urticants et d'accroître ainsi les danger pour l'homme. C'est pourquoi les enlèvements ou destructions des nids doivent être exécutés par des professionnels. [...]

De façon générale la méthode la plus efficace consiste à brûler et aspirer les chenilles et leurs nids, de préférence tôt dans la saison quand les poils urticants ne sont pas encore développés.

[...] avec le printemps chaud et sec que nous venons de vivre, il faut s'attendre à une présence marquée des chenilles processionnaires pour 2019 et rien n'indique que l'ampleur du phénomène diminuera dans les années à venir. »

Eng grouss Gefor sinn déi Eecheprëssessiounsspänner awer net: „*Die Angst, die viele haben, ist einfach übertrieben. Gehen Sie in den Wald, bleiben Sie auf den Wegen, und genießen Sie die Natur. Die viel größere Gefahr sind die Zecken. Um die Eichenprozessionsspinner kümmert sich ihr natürlicher Fressfeind, der Kuckuck.*“ (Martin Grünebaum, Landesforste Rheinland-Pfalz, Spiegel 30/2019, Seite 52)

*Text a Fotoen: Marc Barthélémy*

## INTERVIEW MAM ZOHRA BARTHELEMY, AKTIV BEI YOUTH FOR CLIMATE.

### Wat huet dech beweegt bei Youth for Climate matzemaachen?

Ech hat am Januar duerch d'sozial Medien an Diskussiounen an der Klass vum FFF Movement matkritt. D'Greta Thunberg huet mech immens faszinéiert, an et ass mer kloer ginn, wéi urgent d'Situatioun ass. Virun allem hir Riede fannen ech ganz inspiréierend.

Mir war émmer bewosst, dass eng schif lafe géif, mee ech duecht émmer, dass ech vill ze jonk wier a näischt maache kéint. Der Greta Thunberg hiren Engagement huet mech immens encouragéiert a mer gewisen, dass een nimools ze jonk oder ze kleng ass, fir eppes ze maachen an eppes ze bewierken. Wéi ech bis an deem Grupp war, huet mer dat Matenaner, den Zesummenhalt an d'Solidaritéit téscht de Leit an och d'Aarbecht u sech immens gutt gefall an ech sinn dobäi bliwwen.

### Zénter wéini bass de dobäi ?

Ech hat mech Ufank Februar mol e bëssi informéiert a sinn op de Facebook Event fir den éischte globale Streik opmierksam ginn. Vu dass ech aus dem Beschreibungstext net schlau ginn sinn, hat ech engem vun de Meedercher,



déi um Event als Hosts ugi waren, iwver Messenger geschriwwen. Mer waren dunn e bëssi an d'Gespréich komm, hunn diskutéiert an dunn huet hatt mech iergendwann gefrot, ob ech gär bei der Organisatioun mat dobäi wéilt sinn. Doropshin huet hatt mech an de Messenger Grupp vu Youth for Climate Luxembourg gesat, wou ech mech dunn émmer méi engagéiert hunn.

### Huet sech bei iech zénter dem 15. Mäerz eppes geännert - organisatoresch, z.B.?

Kuerz virum 15. Mäerz si mer vu Messenger ob Slack gewiesselt, eng Applikatioun iwver déi ee Server mat verschiddenen Channels ariichte kann. Iwver Slack kënne mer eis besser organiséieren, well et méi iwwersiichtlech an einfach fir dës Zort vun Aarbecht gemaach ass.

Vun de Leit hier huet sech och e bëssi eppes geännert; et ass eigentlech e stännegt Kommen a Goen. Mer hate vill Leit, déi de 15. Mäerz mat organiséiert hunn, déi eis wéinst der Première verlooss hunn, a gläichzäiteg sinn awer och émmer néi Leit bäikomm.

Vu dass mer sou transparent an inklusiv wéi méiglech wëlle sinn, hu mer och bal all Woch dënschdes, um 17h am Ökozenter Pafendall, e Meeting, deen den Dag virdrun nach eemol op social media ugekënnegt gëtt. Do ass jiddweree wëllkomm, deen eis énnerstëtze wëll, och wann et sech natierlech haapsächlech u Schüler a Studente riicht. Fir déi Erwuesse gëtt et Rise4Climate, mat deene mer enk zesumme schaffen.

Mer hunn och méttrerweil eng Website ([www.youthforclimate.lu](http://www.youthforclimate.lu)) an e Spendeckonto, fir eis Aktiounen ze finanzéieren an och Leit ouni Facebook oder Instagram um Lafenden ze halen.

Intern kann ee souvill matschaffen, wei ee wëll a kann, dat ass dann iwver déi eenzel Channels gereegelt.



### **Wat war deng Roll beim Streik de 24. Mee?**

Ech war als Matorganisatorin am Virfeld tä teg, an dat an zimlech allen Domainen.

Ech hunn zum Beispill mat un der Strategie geschafft, war a Verhandlunge wéinst der legaler Base, hu Pressearbecht gemaach, asw.; eigentlech émmer dat, wat mech dee Moment am meeschten interesséiert huet, wat mer un YCL och sou gutt gefält.

Den Dag selwer sinn ech déi ganz Zäit hin an hir gelaf, no Leit sichen, mat anere Leit schwätzen, hei eppes Klenges ze reegelen, do eng Fro ze beäntwerfen. Am Allgemengen hätt ech vun der Aktioun wuel méi als normale Participant gehat, et war zimlech stresseg, mee déi Hektik an dee Stress hunn och iergendwou hire Reiz.

### **Wéi geet et elo viru bei iech ?**

Wéi scho bekannt, wäert den 20. September 2019 deen nächste grousse Streik ginn.

Iwwert de Summer wäert dowéinst zimlech vill ze organiséiere sinn, vill Meetingen, vill Gespréicher a Verhandlungen. Mer kucken och, dass mer eis intern nach emol strukturéieren, vu dass mer émmer no neie Weeér sichen, fir sou effektiv wéi méiglech ze schaffen. Mer hunn e grousse Server mat Leit, déi méi oder manner aktiv sinn, a mer kucken och dass mer souvill online geschafft

kréie wei iergends méiglech, well dat am prakteschsten a séiersten ass.

De Summer wäert et op jidde Fall weider goen, och wann ee wahrscheinlech net allzevill vun ons héiert, wäerte mer am Hannergond de Youth Strike am September vibbereeden, an och nach aner Saachen, zu deenen ech elo nach näischt soe kann.

Mer wäerten op kee Fall raschten, well d'Klimakris mécht och keng Paus!

*Interview: Isabelle Oberlé*


*Fotoen: Isabelle Finzi, Editpress; Romain Becker*



GOLDEN RETRIEVER - 3 JOER AL

**FLOCKI**

AFFER VU GEBRACHENEM GLAS



OFFALL KANN  
**DÉIDLECH SITTINN**

**GEHEI NÄISCHT AN D' NATUR**



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable  
Administration de l'environnement



## DIERFER LIEWEG HALEN – e Beispill aus Groussbritannien


De **Peak District** ass zwou Stonne mam Zuch vu London fort, mee et kéinten och Liichtjoren sinn, sou anescht ass et. Et ass eng gréng Oas téschent Sheffield a Manchester an eng vun deenen idylleschste Plaze vun England. Vill Leit spueren, fir sech an hirer Pensioun hei zeréckzezéien. Et ass net grad Südfrankräich, bedenklt de Reen, mee sou wéi d'Bretagne fir Frankräich – pur Natur.

Hei kritt ee nach vill lokal Produiten ze kafen a grouss Supermarchéé si rar geséit; do muss ee schonn e bësse sichen. A firwat dann och wann et och anescht geet? Well, unlike Luxembourg, et geet!

An all Duerf, a souguer Dierfchen - dat d'Englännner hamlet nennen - gëtt et am community shop - e Shop geleet vu Volontairen am Duerf - am Zeitungsbuttek, an der Epicerie, bei der Post oder an der Kaffisstuff lokaalt Brout, Fleesch, Kéis, Méllech, Yoghurt, selwer gemaachte steak pie a séiss Gebäck ze kafen, an och wann dat englescht lessen net weltbekannt ass, sou kritt ee just dat Bescht.

Och hei am **Derbyshire** kéint ee seng Kommissiounen um Internet maachen a se virun d'Dier geliwwert kréien. Mee si mer eemol éierlech. Mir ginn net just akafen, mee sichen och soziale Kontakt. Mir wëssen alleguer firwat verschidde Leit, och wann se Zäit hätten, een aneren Dag ze goen, Samschdes moies akafe ginn. Do tréfft ee Leit an do gëtt een eppes gewuer. Hei am Peak District geschitt dat nach am Duerf. Et gesäit een sech op der Strooss, bei der Post, an der Kaffisstuff oder am lokale Pub owes. Neiegkeeten a Suerge ginn ausgetosch an et gëtt sech iwwert d'Wieder beschwéiert. Hei gëtt et méi wéi eng Excuse fir eraus, fir virun d'Dier, zu Fouss an ouni Stress. Et gëtt am Duerf gelieft a geschafft. Hei schaffen déi Jonk iwwert de Summer am Café oder an der Epicerie. An natierlech ginn et och vill lokal Organisatiounen, sougenannte social clubs, esou wéi mir dat och nach kennen. Jiddereen ass einfach entzwousch engagéiert.

Ech kommen erém aus England an ech denke mer, Létzebuerg, a virun allem eis wonnerschéi Regioune wéi de Mëllerdall, kéinten sech wierklech hei eng Scheif ofschneiden. Wou ass eise lokale Geescht bliwwen? Wou sinn eis Kaffisstuffed, Bicherbutteker, Epicerien a Bäckerreien? Wann ech eppes hei an England geléiert hunn, dann ass et datt, wann een als Communautéit zesummeschafft, ass alles méiglech! Souguer am klengsten Dierfchen. Mir müssen eis bewosst ginn, datt eis Dierfer nëmmen esou liweg sinn, wéi mir se wëllen hunn. Wéi war dat schonns mat dem community shop? Dat wier jo emol een Ufank ...



*Text a Fotoen: Fiona Koster*

## SEMAINE EU

### du 16 au 22 s



La SEMAINE EUROPÉENNE DE LA MOBILITÉ se déroule chaque année du 16 au 22 septembre, offrant aux villes l'occasion d'expérimenter des alternatives de transport durable. En encourageant les citadins à choisir des modes de transport durables comme la marche et le vélo, nous pouvons réduire nos émissions de carbone, améliorer la qualité de l'air et rendre nos zones urbaines plus agréables à vivre et à travailler. 2018 a été l'édition la plus réussie de la SEMAINE EUROPÉENNE DE LA MOBILITÉ à ce jour.

Notre corps est fait pour bouger, mais nous sommes nombreux à ne pas trouver le temps de rester actif durant la journée. Prêtez-y attention et vous remarquerez que notre quotidien se déroule en position assise : dans les transports, au bureau ou devant un écran. Et si nous pouvions inclure une activité physique dans notre quotidien tout en économisant de l'argent ?

La SEMAINE EUROPÉENNE DE LA MOBILITÉ met cette année en valeur la pratique de la marche et du vélo en toute sécurité et les bienfaits qu'elle apporte à notre santé, notre environnement et notre portefeuille ! Ces deux modes de transport actifs ne produisent pas d'émissions nocives et contribuent à la santé de notre cœur et de notre corps. De plus, les villes qui favorisent la marche et le vélo par rapport à la circulation des véhicules privés se révèlent également plus attrayantes, avec moins d'embouteillages et une meilleure qualité de vie. Alors, en septembre prochain, pourquoi ne pas tenter de marcher avec nous et d'en faire l'expérience par vous-même ?

« Marchons ensemble ! » est le slogan de la semaine européenne de la mobilité 2019.

La commune de Waldbillig participe à la SEMAINE EUROPÉENNE DE LA MOBILITÉ du 16 au 22 septembre 2019, le programme sera communiqué le moment venu.

Plus d'infos sur <http://mobilityweek.eu>



## MAM SUPERKLIMAFUUSS ËNNERWEE

### Léif Kanner, léif Elteren,

Am Kader vun der Europäescher Mobilitéitswoch, déi all Joer vum 16. bis den 22. September stattfënnt, lancéiert d'Gemeng Waldbëlleg an Zesummenarbecht mam Climateam, d'Campagne „MAM SUPERKLIMAFUUSS ËNNERWEE“.

### Ëm wat geet et?

D'Kanner kréien den éischte Schouldag eng Superklimalfuuss-Stempelkaart iwwerreecht. Vum 16. bis den 20. September 2019, kënnen si Superklimalfuuss-Stempele sammelen, wann si de Wee fir an d'Schoul entweder zu Fouss, mam Vëlo oder mam Schoulbus zeréckleeën, deemno also op den Auto vun den Elteren verzichten. D'Superklimalfuuss-Stempele kréien d'Kanner vum Schoulpersonal.

### Gëtt et eppes ze gewannen?

Jo, insgesamt kënne wärend der Europäescher Mobilitéitswoch 16 Superklimalfuuss-Stempele gesammelt ginn. Fir all déi, déi minimum 12 Stempele gesammelt hunn, gëtt et e Kaddo.

### Wat muss ech maache fir de Kaddo ze kréien?

Den 22. September 2019 gëtt den autofräie Weltdag an der Gemeng Waldbëlleg gefeiert. D'Kanner déideen Dag hir Superklimalfuuss-Stempelkaart mat minimum 12 Superklimalfuuss-Stempelen ofginn, kréien e Kaddo.

### Vill Spaass beim Sammelen a Gewannen!

### Chers enfants, chers parents,

Dans le cadre de la semaine européenne de la mobilité, qui se déroule chaque année du 16 au 22 septembre, la commune de Waldbillig, en collaboration avec l'équipe climat, lance la campagne « MAM SUPERKLIMAFUUS ËNNERWEE ».

### De quoi s'agit-il ?

Les enfants vont recevoir à la rentrée scolaire une carte pour collectionner des tampons Superklimalfuuss. Du 16 au 20 septembre 2019, les enfants peuvent recevoir les tampons Superklimalfuuss en se rendant soit à pied, en vélo ou en bus scolaire à l'école et donc en évitant d'utiliser la voiture des parents. Les tampons Superklimalfuuss sont distribués par le personnel de l'école.

### Y-a-t 'il quelque chose à gagner ?

Oui, une totalité de 16 tampons Superklimalfuuss peut être attribuée pendant la semaine européenne de la mobilité. Chaque enfant qui a collectionné un minimum de 12 tampons Superklimalfuuss a droit à un cadeau.

### Que dois-je faire pour recevoir mon cadeau ?

Le 22 septembre 2019 la journée mondiale sans voiture est fêtée dans la commune de Waldbillig. Les enfants qui y présentent leur carte de tampons Superklimalfuuss, avec un minimum de 12 tampons Superklimalfuuss, recevront un cadeau.

### Amusez-vous à collectionner et à gagner!

## DOSSIER D'ASSISTANCE AUX FUTURS MAÎTRES D'OUVRAGE

### Que propose le dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrage?

Le dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrage englobe de nombreuses informations essentielles au bon déroulement du projet de construction durable ou de rénovation énergétique durable des bâtiments d'habitation, telles que des aides pratiques et des conseils utiles. Le guide planificateur vous accompagne en tant que futur maître d'ouvrage au travers de toutes les phases de votre projet : de la planification et la phase de construction jusqu'à la réception du bâtiment. Ce dossier vous soutient dans votre processus décisionnel et permet de réduire la complexité du projet de construction ou de rénovation de votre maison. Ce dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrages contient des check-lists pratiques regroupant un ensemble de questions et conseils ciblés sur la construction durable et la rénovation énergétique durable. En tant que support pragmatique il inclut également des contacts importants sur toutes les aides et prêts avantageux disponibles. Profitez du conseil de base de myenergy pour obtenir des informations techniques ainsi que des renseignements sur les aides financières disponibles. Ce service est financé par myenergy et la commune.

Le dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrage est disponible à la commune de Waldbillig. La version numérique du dossier d'assistance aux futurs maîtres d'ouvrage peut être téléchargée sur [www.waldbillig.lu/demarches/batisse/](http://www.waldbillig.lu/demarches/batisse/).

## BAUHERRENMAPPE

### Was bietet die Bauherrenmappe?

Die Bauherrenmappe beinhaltet nützliche Informationen, praktische Hilfestellungen und Tipps rund um das Thema energieeffizientes und nachhaltiges Bauen und Renovieren von Wohngebäuden. Dieser wegweisende Ratgeber begleitet Sie als zukünftigen Bauherrn von der Planungsphase, über die Bauphase bis hin zur Endabnahme und erleichtert die Komplexität des Hausbaus bzw. der Renovierung und die damit einhergehenden Entscheidungsprozesse. Anhand praktischer Checklisten mit gezielten Fragestellungen und nützlichen Tipps zum Thema nachhaltiger Neubau und nachhaltige energetische Renovierung werden Sie bei Ihrem Projekt Eigenheim unterstützt. Darüber hinaus informiert die Bauherrenmappe über sämtliche staatlichen zur Verfügung stehenden Beihilfen sowie vorteilhafte Darlehen und fasst alle nützlichen Ansprechpartner zusammen. Nutzen Sie die Grund-

beratung von myenergy um technische, fachliche und förderspezifische Informationen für Ihr neues Zuhause zu erhalten!

Die Bauherrenmappe ist in der Gemeinde Waldbillig erhältlich. Außerdem kann die digitale Version der Bauherrenmappe unter [www.waldbillig.lu/demarches/batisse/](http://www.waldbillig.lu/demarches/batisse/) abgerufen werden.





Sëlwerpabeier,  
kann ech dee  
getrennt sammelen

Jo!

A verschidde Recyclingszentern. Soss  
am Reschtoffall. Am beschte verzichts du  
aver ganz op Sëlwerpabeier a notz  
Verpackunge mat enger méi laanger  
Liewensdauer.



Parzelän & Spigel,  
kann ech déi am Glas-  
container entsuergen

Nee!

Nämme Glasbehälter gehéieren an de  
Glascontainer. Parzelän & Spigle können  
am Recyclingscenter getrennt entsuergt  
ginn.



Plastiktut & -folie,  
kann ech déi getrennt  
sammelen

Jo!

Am Recyclingscenter, den RE-Boxen oder am  
gréngem Valorlux-Sak (wann disponibel). Am  
beschte verzichts du aver direkt ganz op  
Plastiktuten a -folien a notz Verpackunge mat  
enger méi laanger Liewensdauer.



Nee!

Kaffisbecher to go,  
kann ech dee mam Pabeier  
& Kartong trennen

Knaschtege Pabeier & Kartong kann net recydéiert  
ginn a muss an de Reschtoffall. Ausserdem sinn  
dés Becheren oft mat Plastik versinn (Deckel,  
Beschichtung...). Am beschten verzichts du ganz op  
Ewechpuchbecheren a notz Behälter mat enger  
laanger Liewensdauer.



Nee!

Knaschteg Behälter,  
muss ech déi wáschen  
ier ech se trennen

Behälter a Konserven kenne "löffelpropper"  
entsuergt, a musse net ausgespult ginn.  
Di meescht Behälter kenne  
recydéiert ginn.

# Trennen ouni Trennungs-trauer? Maach! N°1 et richteg!



Nee!

Kaffisaz,  
kann ech deen an  
den Offloss schédden

Kaffisaz gehéiert (ouni Plastik- oder Aluminium-Kapsel) an de Bioofffall.  
Am beschten verzichts du direkt ganz op Kaffi-Kapselen! Generell sollt ee  
keng lessensreschter, Ueleg oder Fetter an den Offloss schédden. Dés  
können den Offloss verstopfen a Schied an der Kläranlag urüchte bzw.  
d'Ofwaasser onnéideg belaaschten.

Enveloppefenster,  
däerfen déi mat an de  
Pabeier- & Kartongscontainer

Jo!

Et kann een se ausschneiden an am Reschtoffall entsuergen,  
et ass aver kee Muss.

Metalldedel a Korkstépp,  
können déi mat an  
de Glascontainer



Nee!

Metalldedel könnent iwwert de bloue  
Valorlux-Sak getrennt entsuergt ginn.  
Dér meescht Recyclingscenter hunn eng  
Sammelstationen fir Korkstépp.

Fotoen,  
kann ech déi am Pabeier- &  
Kartongscontainer entsuergen



Nee!

Fotoe kann een net recydéieren.  
Se müssen am Reschtoffall entsuergt ginn.  
Dat námmlecht gëllt fir beschichten a  
plastifizierte Pabeier.

Etiketten op  
Glasbehälter,  
däerfen déi mat an  
de Glascontainer



Jo!

Et kann een se erof huelen, et  
ass aver kee Muss.

Editeur


[www.ebl.lu](http://www.ebl.lu)  
info@ebl.lu  
(+352) 247 86831



An Zusammenarbecht mat



Publizéiert von  
Gemeng Waldbéleg



## Tondre plus tard et moins souvent, un gain pour homme et nature

La stratégie idéale pour la tonte est de deux passages par an: une fois après mi-juin et une deuxième fois en octobre/novembre. Vous êtes surpris, car jusqu'à présent on s'y appliquait chaque semaine!?

Vu la diminution des habitats pour les insectes et les animaux, les communes et les personnes privées ont une grande opportunité d'offrir de l'espace à la biodiversité. Un fauchage extensif favorise la diversité des plantes et des animaux, permettant à de nombreuses espèces la possibilité de s'installer. Les zones rarement tondues représentent un réservoir d'insectes auxiliaires, qui facilitent l'entretien quotidien des plantes pour tous les jardiniers.

La première tonte de l'année se fera après la floraison des graminées et lors de la floraison de la marguerite, à partir de mi-juin. À ce moment, le fauchage de cette surface en pleine floraison paraît inapproprié, mais la procédure est la condition pour un état fleuri à partir de juillet, sans être dominé par de l'herbe jaunie.

Il faudra faucher en longs brins: soit avec une faucheuse à barre de coupe, soit à la débroussailleuse ou à la faux.

Laissez ensuite sécher pendant une semaine. Enlevez ensuite les végétaux fauchés et, ce faisant, les graines vont tomber au sol. Le mois de juillet qui suit la première coupe est souvent assez pluvieux; ceci stimule le bourgeonnement et la prochaine phase de floraison est initiée.



Le fauchage alternatif est une méthode très efficace, mais rarement mise en pratique: on ne tond qu'un tiers ou la moitié de la surface, l'autre partie sera tondues un peu plus tard. Ceci préserve une fraction de l'habitat et de la nourriture pour les animaux, et lors de la deuxième étape, des milliers d'insectes et de petits animaux peuvent prendre refuge dans la zone qui est en train de repousser.

Le deuxième fauchage est réalisé en octobre/novembre ou en hiver. La date précise est moins importante que la météo: il faut viser une semaine entière sans pluie, afin que la coupe puisse sécher et faire tomber ses semences. Les herbes fauchées sont également enlevées.

Par le biais de cette stratégie de tonte tardive et moins fréquente, vous pouvez aussi bien "laisser pousser" un gazon et laisser s'installer des fleurs sauvages, qu'entretenir un pré semé intentionnellement avec des fleurs sauvages.

Le fait de ne tondre que deux fois dans l'année n'implique pourtant pas un aspect non soigné. Il y a l'astuce de la "bande de propreté": autour du pré, une bande de la largeur d'une tondeuse est coupée régulièrement. Ceci apporte une allure soignée et empêche les herbes ou plantes hautes de tomber sur le chemin ou le trottoir. Vous pouvez également cisailier des sentiers dans le pré: ils invitent à s'y promener et à admirer les fleurs et les insectes.



Emmert & Baumann  
Luxembourg



[www.ounipestiziden.lu](http://www.ounipestiziden.lu)



## BICHERBUS

De Bicherbus kënnt èmmer donneschdes bei d'Michel-Rodange-Schoul zu Waldbëlleg, vun 10h15 bis 11h20:

- de 26. September;
- de 17. Oktober;
- de 14. November;
- de 5. Dezember.

# WAT ASS LASS? // QUE FAIRE?

## WAT ASS LASS AN DER GEMENG WALDBËLLEG vu September bis Januar

D'Schoulvakance si vum 26. Oktober bis den 3. November a vum 21. Dezember 2019 bis de 5. Januar 2020.



Den **Touristcenter op der Heringer Millen** ass op

- bis de 15. September:  
all Dag vun 9h30 bis 16h30;
- vum 16. September bis den 9. November:  
vu mëttwochs bis sonndes, vun 9h30 bis 16h30;
- vum 10. November un:  
vun dënschdes bis samschdes, vun 9h30 bis 16h30.

Informatiounen: [www.mullerthal-millen.lu](http://www.mullerthal-millen.lu)



Am Touristcenter kann ee sech **Picknickkierf** bestellen, oder esouguer **lessrucksäck**, fir zwou bis véier Persounen. Do si regional

Produkter dran: Bréidercher vun der Millen, Zoossiss, Kéis, Gebeess, Hunneg, Uebst, ... an op Wonsch och Crémant.

### LOST AND FOUND



Fonnt um Schoulfest: eng Auer!  
De Proprietaire kann se op d'Gemeng  
siche kommen.



D'Fussballmatcher vum **FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg** sinn op der Internetsäit [www.fcolympia.lu](http://www.fcolympia.lu) ugesot.



Vum 10. bis den 30. September ass den **Tour du Duerf** mam Vélo. Explikatiounen hei am FUUSS op der Säit 104.



Vum 16. bis den 22. September ass déi **Europäesch Mobilitéitswoch**. Explikatiounen hei am FUUSS op der Säit 120.



© Damaris

# AGENDA

## Dënschdeg, de 17. September:

Presentatioun vu Wandermaterial op der Heringermillen.

## Mëttwoch, den 18. September:

Wanderung iwwert de Beieléierpad mat dono enger Degustatioun.

## Sonndeg, 22. September:

autofräien Dag op der Strooss téscht Chrëschtnech a Suelbuer, déi deen Dag fir Autoe gespaart ass.

## Sonndeg, den 22. September vun 10h un:

Grand-prix vum Badminton.

## Samschdes, den 28. September vun 9 bis 12 Auer:

Feierläscherkontroll am Pompjeesbau zu Waldbëlleg.

## Sonndeg, den 29. September am Mëllerdall:

Kraiderwanderung, mam Hans-Joachim Hoppe. Dräi Stonne Kraider sammelen an dono dräi Stonne kachen a schmaachen. Rendez-vous um 10h am Touristcenter Heringer Millen. Et kascht 30 Euro pro Persoun. Umellen: Tel. 87 89 88, E-Mail: info@mullerthal-mullen.lu.

## Freideg, de 4. Oktober um 17h am Mëllerdall:

Aweiung vum renovéierte Wee vum Schéissendëmpel bei de Parking, a Presence vun der Ëmweltministesch a vum Tourissemssminister. Musikaleschen Encadrement vun der lechternacher Museksschoul.

## Samschdeg, de 5. Oktober um 20h:



„Nu steet een do an 't ass e Steen!“ – musico-literareschen Owend am Touristcenter op der Heringer Millen, um Kärespäicher. Eng Liesung vu literareschen Texter iwwert de Mëllerdall. Den Entrée ass gratis, mee eng Umeldung ass erwënscht: fuuss@waldbillig.lu oder um Telefon 87 89 88 vum Touristcenter Heringer Millen.

Et liesen d'Eugénie Anselin an de Steve Karier. D'Musek bei den Texter gëtt gemaach vum Benoît Martiny op der Batterie a vum Michel Pilz op der Bassklarinett. Mat Texter vu Michel Rodange, Mil Goerens, Germaine Goetzinger, Daniel Heintz, Léon Kirsch, Michel Lentz, Cornel Meder, Roger Muller, Mathias Ruden, Nik Welter a Batty Weber. Organiséiert vun der Kultur- an Tourissemsskommissioune.

## Sonndeg, de 6. Oktober:

Wëldiesse vum FC Olympia.

## Samschdeg, den 12. Oktober, Journée commémorative:

Mass um 19h an der Kierch zu Haler an dono Zeremonie beim Monument.

## Sonndeg, den 20. Oktober vun 9h un:

Brunch vun de „Fraen a Mammen“ zu Chrëschtnech am Veräinsbau.

## Samschdeg, den 23. November:

25. Anniversaire vum Männerchouer.

## Samschdeg, den 9. November:

um 18h Kiermes am Duerf am Veräinssall zu Chrëschtnech.

## Freideg 6. Dezember, Samschdeg 7. Dezember a Sonndeg 8. Dezember am Mëllerdall:

Chrëschtmaart. Freides vun 17h bis 22h, samschdes vun 12h bis 22h a sonndes vun 11h bis 18h.

## Samschdeg, de 7. Dezember:

Night Vigil vun 18h un zu Waldbëlleg am Centre scolaire et sportif Michel Rodange. Mat de Friends of Patton's 26th Infantry Division un déi alliéiert Zaldoten an d'Affer vun der Ardennenoffensiv erënneren. Informatiounen: [www.fpyd.org](http://www.fpyd.org)

## Samschdeg, de 14. Dezember 2019 ém 20h:

Chrëschtconcert mam Ensemble vocal Cantique an der Porkierch Waldbëlleg. Organiséiert vun den Uergelfrënn Waldbëlleg

## D'RESTAURANTEN AN DER GEMENG WALDBËLLEG:

- De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler ass op, vum 17. September un, donneschdes, freides a samsdes owes vun 19h un, bis 21h30 fir déi lescht Commande, samschdes a sonndes mëttes vun 12h bis 14h. Telefon: 83 67 48.  
De Restaurant ass zou vum 26. August bis de 16. September an de 27. an 28. Dezember.
- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall ass zou, wéinst de schroe Schied no den Iwwerschwemmungen.
- De Restaurant an der **Heringer Millen** ass vu mëttwochs bis sonndes op, bis den 23. Dezember. Et gëtt vun 12h bis 21h ze iessen (sonndes bis 17h). Telefon: 26 78 47 17.  
De Restaurant ass zou vum 15. bis den 22. September.
- De Restaurant um Chrëschtnecher Golf **Aux fines herbes** ass op all Dag vun 12h bis 20h30 (lescht Commande), och op der Terrass. Reservatioun um Telefon 87 83 83. D'Skybar ass bis 21h op.
- De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Méindes, dënschdes a mëttwochs vun 18h bis 23h, freides vun 18h bis 1h, de Weekend vun 11h bis 14h a vun 18h un, samschdes bis 1h a sonndes bis 23h. Iessen op Bestellung. Telefon: 621 31 83 69.
- Erëm op ass am Mëllerdall de Restaurant vum Hotel **Cascades du Mullerthal**. Hei gëtt et regional Kichen; et ass vun 11h30 bis 21h riicht duerch op, all Dag ausser Mëttwoch. Telefon: 79 93 93 1. E-Mail: gcc@gms.lu. Den Hotel Cascades du Mullerthal ass awer nach zou.



**DEFUUSS**  
als PDF online!







**WALDBËLLEG**  
COMMUNE DE WALDBILLIG